

poséieren ech lech bei där Propos vum Här Rippinger ze bleiwen. Mir fänken u mat der Irak-Motioun. D'Chamber soll dat decidéieren. An duerno, déi Décisiounen déi ustinn iwwert de Logement. An dat en toute sérinité ze maachen. Da brauch keen eng Zack aus der Kroun hei ze verléieren. Mir sollen dat an aller Rou maachen, Här President.

**M. le Président.**- Här Weiler.

**M. Lucien Weiler (CSV).**- Déi Diskussioun hei ass jo elo scho relativ peinelch. Mir hunn en Ordre du jour gehat. De Logementsprojet vum Här Boden steet als éischten um Ordre du jour. Mir hunn elo eng Motioun vun de Sozialisten iwwert den Irak. Ech hu proposéiert gehat, fir d'éischt de Projet vum Här Boden ze huelen an duerno d'Motioun. Den Här Rippinger huet gesot, dass en domatter kéint liewen, dass en domat d'accord wär. Also hu mir zwou Proposen hei virleien.

Här President, loosst elo ofstëmmen, an dann hu mir en Ordre du jour.

**M. le Président.**- Mir stëmme par main levée of iwwer déi Proposition déi den Här Rippinger gemaach huet.

#### Vote

Wie mat där Proposition d'accord ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

#### (Interruptions)

**M. Lucien Weiler (CSV).**- Här President, wat ass dann d'Proposition vum Här Rippinger?

**M. le Président.**- En hält den Ordre du jour un, wéi en hei ass mat der Zugab, dass um halwer dräi mer mat der Motioun ufänken.

Ech fuere mam Vote weider.

Wien ass dergéint?

Et besteet keen Zweifel, d'Majoritéit ass derfir. Den Ordre du jour ass esou uegoholl, dass mir um halwer dräi mat der Motioun ufänken.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Sitzung geet weider.

Den Här Grethen freet d'Wuert.

#### 4. Dépôt d'un projet de loi

**M. Henri Grethen, Ministre des Transports.**- Ech sinn duerch Arrêté grand-ducal vum 20. September 2002 autoriséiert e Gesetzesprojet ze déposéieren, wat d'Gesetz vum 10. Mee 1995 iwwert d'Gestioun vun der Infrastructure ferroviaire ofännert.

- Projet de loi 5032 modifiant la loi du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire.

**M. le Président.**- D'Chamber hält Akt vum Dépôt vun engem Projet de loi duerch den Här Minister Grethen. De Projet gëtt un déi zoustänneg Instanze weidergeleet.

Mir kommen elo zur Question urgente vum Här Jos Scheuer iwwert d'Drénkwaasserverschmutzung.

#### (Brouhaha général)

Den Här Innenminister Wolter hält Stellung derzou. Den Här Scheuer huet fénnef Minutten Zäit an den Här Minister zéng Minutten, fir drop ze äntweren. Den Här Scheuer huet Wuert.

#### 5. Question urgente 1847 de M. Jos Scheuer relative à la pollution bactérienne de l'eau potable

**M. Jos Scheuer (LSAP).**- Merci, Här President, et ass keng Fro iwwert d'Drénkwaasserverschmutzung zu lechternach, et ass eng Fro iwwert d'Drénkwaasserverschmutzung zu Lëtzebuerg, et geet iwwert dat Lokaalt eraus.

D'Drénkwaasserversuergung ass no engem komplizéierte System opgebaut. Eng ganz Serie vu Gemengen hunn eng eege Waasserversuergung. Deelweis si Syndikater zoustänneg. Deelweis ginn an dat Leitungsnetz dann nach eenzel Quelle mat agespeist. Kee kann eng Garantie ginn, datt net an deen een oder an deen anere System Bakterien erakom-

men, datt eng Verseuchung stattfënnt, datt eng Veronrengegung stattfënnt. Och eng Duebelversuergung, och eng Duebelofsécherung gëtt keng absolut Garantie. Ech wëll betounen, datt vill Gemengen, dorënner déi lechternacher, bereet sinn, fir eng Duebelversuergung vun hire Leit mat Drénkwaasser ze plangen an an d'Wee ze leeden.

Bon, a leschter Zäit ass et elo zu enger ganzer Serie vu Pollutiounen komm. Déi Pollutiounen suerge fir eng ganz grouss Onrou ënnert der Bevölkerung. D'Verschmutzung vum Drénkwaasser erregt ëmmer Aangscht bei de Leit. Dat kann een net trivialiséieren. Dat dierf een net trivialiséieren. Do muss ee seriö op déi Froen äntwerten, déi sech stellen.

Dowéinst meng Fro un den Inneminister: A wat fir enge Gemenge si bakteriell Pollutiounen a leschter Zäit festgestallt ginn? Kann de Minister konfirméieren, datt et sech dobäi ëm Kolibakterien handelt, respektiv kënnen nach aner Facteuren an där Pollutioun do matspillen? Wat sinn d'Ursaachen oder déi méiglech Ursaache vun esou Pollutiounen? An natierlech dorun uschléissend: Wat fir en Impakt kënnen esou Pollutiounen op d'Consummateuren huelen, a wéi kann ee sech dergéint wieren? Wat fir eng Preventiounsmeiglechkeeten hunn d'Gemengen, respektiv huet de Stat?

Dann déi lescht Fro, déi geet awer iwwert dat do eraus. D'Gemengen mussen hir Leit informéieren, op verfügen se net iwwert déi Servicer, déi de Stat huet, fir d'Leit a Kenntnis ze setze vun dem Impakt vun esou Pollutiounen op déi eenzel Leit, an zwar op d'Risikogruppen, dann awer och op d'Allgemengheet. Dat féiert derzou, datt munchmol Panik ausbrécht. Dat féiert awer och derzou, datt et erofgespillt gëtt. D'Gemenge sinn net à même, fir déi Informatiounen un hir Bierger weider ze ginn, déi gebraucht ginn um wëssenschaftlechen Niveau, um medezineschen Niveau a souguer um techneschen Niveau.

Déi lescht Fro ass déi hei: Wéi gedenkt de Minister eng Kollaboratioun tëschent de Gemengen an tëschent dem Stat um Niveau vun der Informatioun virzegesinn?

**M. le Président.**- D'Wuert huet den Här Innenminister Michel Wolter.

**M. Michel Wolter, Ministre de l'Intérieur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi verschidde Froen, déi den Här Scheuer gestallt huet, wëllt ech folgendermoosse beäntweren.

Déi lescht Wochen huet dem Innenministère säi Waasser- an Ëmweltlaboratoire, deem seng Missioun et ënner anerem ass offiziell Kontrolle vun den Analyse vum Drénkwaasser duerchzeféieren, dat vum hoffentlech Réseau verdeelt gëtt, a verschiddene Gemenge bakteriologesch Verschmutzunge vu Waasser festgestallt.

Esou wéi een dat an der Press konnt noliese war dëst de Fall an de Gemenge Jonglënster, Manternach, Lëntgen an lechternach. An dësem präzise Fall huet d'Waasser Colibakterien enthalten, a méi genau Colibakterien, déi e fäkalen Ursprung hunn, ënner anerem sou genannt "Escherichia Coli". D'Presenz vun esou Bakterien am Waasser mécht Drénkwaasser ongëeegent fir jiddfer direkte Verbrauch.

Verschidde Colibakterien, ënner anere dem Typ 157, sinn nämlech verantwortlech fir schwéier Gastroentéiten. Hir Presenz léisst des Weideren op d'Opfriede vun enger ganzer Rei anere krankheetserregende Mikroorganisme schléissen, wéi zum Beispill Viren, aner Type vu Bakterien ewéi Salmonellen oder Shigellaen oder awer Eenzeller, wéi "Giardia Lamblia" oder "Kriptosporiden" D'Presenz vun esou Mikroorganisme stellt eng reell Gefor fir Puppelcher a Persoune mat engem geschwächten Immunsystem duer, wéi zum Beispill chronesch krank oder al Leit.

Esou bakteriologesch Pollutiounen entstinn am Allgemengen duerch eng direkt Contaminatioun vum Drénkwaasser duerch Uewerflächewaasser. D'Uewerflächewaasser transportéiert nämlech déi virdru genannte Bakterien a ganz grousser Zuel. Et gëtt verschidde Méiglechkeeten vun esou enger direkter Contaminatioun, esou zum Beispill eng strukturell Schwächt um Niveau vum Captage oder an enger

Drénkwaasserleitung kënnen d'Ursaach vun esou enger direkter Infiltratioun sinn.

Des Weidere kënn et vir, datt Drénkwaasser duerch e private Pëtz oder eng Reewaassernotzanlag verschmotzt gëtt, wann de Waasserdrock op der Sait vum privaten hausinterne Réseau duerch iwwerhéichten Drock an den öffentlechen Drénkwaasserséseau eran dréckt. Schlussendlech kann et sech och ëm en natierleche Phenomeen handelen, dann, wann eng Oder am Fiels fräigespullt ginn ass no engem kräftege Reen, well dann d'Waasser ze vill schnell an d'Nappe phréatique infiltréiert, déi d'Quell mat Waasser versuergt.

Den neie Règlement grand-ducal iwwert d'Drénkwaasser, deen an dësen nächsten Deeg wäert am Mémorial veröffentlecht ginn, gesäit eng Rei vu Mesurë vir, déi, esouwäit wéi dat méiglech ass, verhënnere sollen, datt esou Situatiounen sech widderhuelen. Laut dësem Text, dee schonns den 8. Mäerz vum Regierungsrot approuvéiert ginn ass, an duerno vum Statsrot a vun deene verschiddene Beruffschambere begutacht ginn ass, sinn all d'Waasserdistriputeuren: d'Gemengen oder d'Syndikater, verflcht hir Drénkwaasserséseauen engem Audit ze ënnerwerfen, deen en techesch detailléierten Dossier begräift, dee vun der Quell bis zum Konsument geet. Mat enger Risikoanalys an engem Plan d'urgence, deen a Gang muss gesat ginn am Fall, wou esou eng Pollutioun virkënn.

Meng Servicer stinn da selbstverständlech deene verschiddenen Acteuren zur Verfügung, fir se bei der Elaboratioun vun dësen Dokumenter ze ënnerstëtzen. Ech géif nach gären ënnersträichen, datt eise Waasser- an Ëmweltlaboratoire ëmmer am Fall vun enger Kris enk mat den zoustännegen Autoritéiten zesummeschafft, fir d'Problemer ze léisen.

Wat elo nach d'Informatiounsmoyene betrëfft, stellt den Innenministère am Prinzip - an zu lechternach war dat och de Fall - de Gemengen eng zweesproocheg Circulaire mat verschiddene Recommandatiounen zur Verfügung. Et ass dann un dem Waasserdistriputeur ze decidéieren, iwwer wat fir e Wee si oder hien hire Leit dës Informatioun zoukomme léisst. Mir roden hinnen des Weideren ëmmer, d'Bierger duerch geschriwwen a geschwate Press ze informéieren.

Wéi den Här Scheuer scho richtig am Punkt siwe vu senger Fro bemierkt huet, läit d'Drénkwaasserversuergung an der Responsabilitéit vun eise Gemengen. Ganz generell muss ee soen, datt et waasserpolitesch Sënn mécht, datt een als gudden Distributeur preventiv Moossnamen ergreift, fir all Pollutioun vun där Zort ze évitéieren, an datt deen haut komplexen a sensiblen Domän eng professionell Gestioun verlaangt. Ech kann also nëmmen nach eng Kéier, wéi ech dat schonn oft gemaach hunn, eise Gemenge roden sech a gréissere Strukturen, spréch d'Gemengesyndikater, zesummen ze doen, fir eng optimal Waasserversuergung ze garantéieren. An esou Strukturen fënnt een dann eng Noutléisung, wann emol eng Quell verseet. Ech soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

**Une voix.**- Très bien.

**M. le Président.**- Dee Punkt wier dann domadder ofgeschloss, a mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4784 iwwert d'Activités privées de gardiennage et de surveillance.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Patrick Santer.

#### 6. 4784 - Projet de loi relative aux activités privées de gardiennage et de surveillance

#### Rapport de la Commission juridique

**M. Patrick Santer (CSV), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eng vun den Haaptaufgaben vum Stat ass ëmmer gewiescht, fir d'Sécherheet vun senge Bierger zu suergen. Och wann d'Sécherheet eng Charakteristik vun der staatlecher Souveränitéit ass, si privat-kommerziell Initiativen an d'Liewen geruff ginn, fir zousätzlech preventiv Sécherheitsmoossnamen unzebidden. Et gong bei dese privaten Initiativen net drëms op Onzoulänglechkeete vu staatlecher Sait beim Ausdroe vu sengen Aufgaben hinczewiesen. Déi privat Sécherheitsgesellschafte bidde vill méi e personaliséierte preventive Service un, wéinst méi héije Risikostrofdoten, ob dese méi héije Risiko reell ass oder och net.

D'Servicer vun de private Sécherheitsgesellschaften ënnerscheede sech also vun den Aufgabe vum Stat, andeem se nëmmen e preventive Charakter hunn, an andeem se nëmme privat-, an oder kommerziell Intérète beschütze sollen. Fir esouwuel Clienten a Salariée vu private Sécherheitsgesellschafte géint ee Manktum u Professionalissem oder Seriö vun esou Gesellschaften ze schützen, huet de Gesetzgeber duerch e Gesetz vum 6. Juni 1990 den Accès zu esou engem Beruff reglementéiert.

Beim Gesetzesprojet 4784, dee mer haut wäerten ofstëmmen, ersetze mer d'Gesetz vum 6. Juni 1990. Ëmmer méi brutal lwwerfall, mat der Uwendung vun ëmmer méi staarke Waffen a Sprengstoff, déi zu schwéiere Verletzungen an och trageschen Doudesfall bei de Salariée vu Sécherheitsfirmaen a Passante gefouert hunn, hunn et noutwendeg gemaach, dat den Accès zum Beruff vun de Sécherheitsgesellschaften, iwwerduecht a prezisiéiert huet misse ginn. De Projet de loi 4784 versteet sech also als en Instrument, dat besonnesch den Accès zum Beruff vun enger Sécherheitsfirma duerch eng bestëmmten Unzuel vun Oploe konditionéiert. Folgend Aktivitéite falen ënnert de Gesetzesprojet:

1. D'lwwerwaachung vun Immobilien a Biens immobiliers,
2. d'Gestioun vun Alarmsystemer,
3. d'Geld- an d'Wäerttransporter, a
4. de Persouneschutz.

De Persouneschutz ass duerch Amendement vun der Commission juridique an de Gesetzesprojet komm. D'Kommissioun hat och nach wollten d'Personekontrollen, déi am Kader vun öffentleche Manifestatiounen, wéi Concerten oder sportlech Aktivitéite stattfannen, an de Projet de loi matabannen. De Statsrot huet awer eng Opposition formelle géint dës lescht Ausweidung vum Projet gemaach a bemängelt, dass eise Virschlag, deen zwar vun der belscher Législatioun inspiréiert wor, onkloer Kritären an Akten, ënnert deenen eng Personekontroll kënnit duerchgefouert ginn, festleet. D'Kommissioun huet dëser Opposition formelle Rechnung gedroen, mä ass awer nach ëmmer der Meenung, dass esou Personekontrolle musse reglementéiert ginn. An deem Sënn, reechen ech elo eng Motioun an, déi d'Regierung invitéiert, separat an engem Gesetzesprojet dës Personekontrollen ze reglementéieren.

#### Motion 1

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que les organisateurs de manifestations publiques, notamment dans le domaine sportif ou culturel, recourent régulièrement à des entreprises privées de gardiennage et de surveillance pour assurer la surveillance et la protection des personnes dans le cadre du maintien de la sécurité;*

*- considérant que la législation luxembourgeoise actuellement applicable ne réglemente pas spécifiquement cette activité assurée par des entreprises privées,*

*- considérant que le silence de loi peut s'avérer problématique en termes de sécurité juridique et de protection des libertés individuelles dont notamment le droit au respect de la vie privée;*

*- considérant que dans le cadre des travaux portant sur le projet de loi n°4784 relative aux activités privées de gardiennage et de surveillance, la Commission juridique a reconnu la nécessité d'une réglementation de l'activité précitée;*

*- considérant que la loi belge du 10 avril 1990 sur les entreprises de gardiennage, les entreprises de sécurité et les services internes de gardiennage, telle qu'elle a été modifiée, réglemente la surveillance et le contrôle de personnes dans le cadre du maintien de la sécurité dans les lieux accessibles au public;*

*invite le Gouvernement*

*- à élaborer un projet de loi visant à réglementer l'activité de surveillance et de protection des personnes, exercée par des entreprises privées, dans le cadre du maintien de la sécurité dans les lieux accessibles au public.*

*(s.) Patrick Santer, Simone Beissel, Xavier Bettel, Laurent Mosar, Lucien Weiler.*

Eng lescht Prezisioun iwwert den Uwendungsberäich vum Projet de loi gouf laang a breet an der Kommissioun diskutéiert. De Projet de loi fënnt nëmmen Uwendung, wann déi Activités de gardiennage et de surveillance fir Drëttpersounen ausgefouert ginn. Besonnesch ënnersicht goufen hei d'Méiglechkeete fir eng Gesellschaft oder eng Persoun, fir selwer Geld oder aner Wäertsachen ze transportéieren. Wann esou eng Transportaktivitéit vum Stat, enger Verwaltung oder engem Etablissement public ausgefouert gëtt, muss een op d'Gesetz vum 19. Mäerz 1988 verweisen. Dëst Gesetz werft awer zwee Problemer op:

1. Et applizéiert sech nëmmen op d'Etablissements publics, déi beim Akraaftriede vun deemselwechte Gesetz bestanen hunn. d'Spuerkeess, d'Post an d'Zentralbank falen also net drënner.

2. D'Gesetz vum 19. Mäerz 1988 gesäit vir, datt e Règlement grand-ducal ka bestëmmte Sécherheitsmoossname virgesinn. Ech zitéieren: "Pour les instituts et services manipulant des fonds". Esou e Règlement grand-ducal ass awer bis elo ni geholl ginn.

Dofir wäert elo d'Regierung d'Gesetz vum 19. Mäerz 1988 op all Etablissement public ausweiden, an déi speziesch Sécherheitsmoossnamen an engem Règlement grand-ducal festhalen.

Am Privatsecteur, besonnesch op der Finanzplaz, gi Geld- a Wäertsachen an der Praxis ëmmer duerch Sécherheitsgesellschaften duerchgefouert. D'Kommissioun huet d'Meenung vertueden, datt wann dese Gesetzesprojet den Accès zu den Activités privées de gardiennage et de surveillance reglementéiert, der Philosophie an der Struktur vum Projet net géif Rechnung gedroe ginn, wa mer och géifen déi vun eegen Initiativ ausgedroen Aktivitéite mat hei abezéien.

D'Struktur vum Gesetz ass déi folgend: Fir d'éischt ginn déi allgemeng Bedingunge festgeluegt, fir eng Activité de gardiennage et de surveillance ausüben ze kënnen. An de Sektioneen II bis IV gi fir bestëmmten Aktivitéite weider speziell Oploe virgesinn. D'Sektion VI gesäit d'Obligatioun, déi verschidde Clienten, déi sech u Geldtransporteuren wenden, mussen erfëllen. D'Dispositions pénales ginn a der Sektion VII geregelt, an d'Akraaftriede vum Gesetz an der Sektion VIII.

Wat déi allgemeng gültig Bestëmmungen ueget, huet d'Kommissioun de System vun der duebler Autorisatioun gutt geheescht. Den Interesséierte muss souwuel eng Autorisatioun vum Mëttelstandsminister, ënnert dem Gesetz vum 28. Dezember 1988, wéi eng Autorisatioun vum Justizminister virweise kënnen. Esou e System, deen et erlaabt bei den Interimgesellschaften, wou een eng Autorisatioun vum Justizminister, dem Mëttelstandsminister an eng Autorisatioun vum Aarbechtsminister brauch, ass vum Statsrot a Fro gestallt ginn, dee gemengt huet, datt d'Autorisatioun vum Justizminister iwwerflësseg wier. Deem ass awer net esou.

Wann de Mëttelstandsminister éischter déi berufflech Kenntnisser, also d'Expérience professionnelle an d'Honorabilitéit vum Requérant iwwerpräift, begräift d'Autorisatioun vum Justizminister den interne Fonctionnement vum Betrib an d'Honorabilitéit vun Persounal. An der Praxis ass et méiglech oder wäert et méiglech sinn, dës zwou Autorisationsprozedure parallel lafen ze loossen, och wann de Justizminister



seng Autorisatioun nëmme gëtt, wann déi vum Mëttelstandsminister verläit.

Deejeinegen, deen eng Sécherheetsfirma bedreiwen oder Sécherheetsaktivitéiten ausübe wëllt, muss eng Demande un de Justizminister reechen. Folgend Informatiounen mussen dra stoen : D'Identitéit vum Requérant, wann et eng Gesellschaft ass, d'Stature vun der Gesellschaft, an e Casier vun den Dirigenten, d'Beschreibung vun den Aktivitéiten, d'Opstellung vun den technesche Moyenen, d'Lëscht vum Personal, d'Beschreibung vun der Uniform, d'Beschreibung vum Spezimen vun der Carte de légitimation, déi d'Personal ëmmer muss virweisen, an de Règlement de service. Doniewent mussen spezial Bedingungen erfüllt ginn. Ech wäert duerno nach kuerz op déi zrëckkommen.

D'Autorisatioun gëtt fir fënnef Joer ausgestallt, a kann ëmmer fir fënnef Joer verlängert ginn. D'Autorisatioun muss zrëckgezu ginn, wann de Requérant sech net un d'Gesetzer hält, wann en d'Bedingungen, déi an der Autorisatioun kënnen festgehalen ginn, net méi erfüllt, oder wann d'Bedingunge wat Personal, technesch Moyenen oder déi professionell Honorabilitéit net méi erfüllt sinn.

Ech wëll kuerz op dräi vun deenen allgemeng gültige Bedingungen zrëckkommen:

1. D'Lëscht vum Personal. Et si hei déi Salariéen, déi sech ëm d'Sécherheetsaktivitéiten bekëmmere. Also sinn dovunner ausgeschloss d'Sekretärinnen, d'Kontablen oder d'Juristen. Dëst Personal muss vum Justizminister agréiert ginn. Well et jo net virus ze gesinn ass, ob een iwwerhaapt eng Autorisatioun kritt, ass et méiglech an engem éischte Stadium, eng Autorisation de principe ze kréien, op där een dann dat néidegt Personal stellt, an déi noutwenneg technesch Moyene keeft. Dës Autorisation de principe schafft awer keen Droit acquis op d'Ausstellung vun der definitiver Autorisatioun, déi als eenzeg ka vum Gericht attackéiert ginn. An enger Entrevue mam Aarbechtsminister gouf der Kommissioun och bestätegt, datt een op Aarbechtsvertrëg, sous conditions suspensibles, an eisem Fall, d'Ausstellung vun der definitiver Autorisatioun, kann zrëckgräifen.

2. D'Uniformen. D'Uniform daerf net mat där vun der Polizei verwiesselt ginn. D'Uniform kann an engem Fall, deen op d'Propos vum Justizminister an de Projet de loi mat agebaut gouf, a vum Statsrot guttgeheescht gouf, net gedroe ginn. Wann e Geldtransport vun engem banaliséierten Auto begleet gëtt, brauch deejeinegen, deen am banaliséierten Auto fiert, keng Uniform ze droen. Et wier jo absurd gewiescht, banaliséiert Autoen zouzelossen, wéi dat elo schonn de Fall ass, an eng Uniform zur selwechter Zäit virzeschreiwen.

3. De Règlement de service: De Règlement de service ass dat vum Justizminister agréiert Dokument, dat festhalen soll, wéi d'Sécherheetspersonal sech muss verhalten. D'Prinzipie vun der légitime défense, vum Secret professionnel, d'Referenzpersoun am Noutfall, d'Koordinatioun vun der Police, den Émgank mat de Waffen, mussen ënner anerem dra festgehalen ginn. Et muss een ervirhiewen, datt wat de Gebrauch vun de Waffen ugeet, datt éischten e Waffeschäin virleie muss an datt zweetens d'Sécherheetsfirma regelméisseg Schéisseexercicen organiséiere muss.

Den Inhalt vun esou engem Règlement de service kann nach op weider Punkten ergänzt ginn. Hei denkt een zum Beispill, déi vu verschidde Säiten an der Press - ouni mat der Kommissioun oder mat mir selwer Kontakt ze sichen - gefrote Formation continue. Hei ass, a mengen Aen, deen esou wichtege Dialogue social gefuerdert, Dat geet jo fein an anere Secteuren, firwat net hei? An och wann een d'Formation continue am Règlement de service festgehalen hätt, wier den Inhalt vun darselwechter nach ëmmer net prezisiéiert.

Déi speziell Bedingungen hänke vun deene jeeweilegen Aktivitéiten of. Op der Sait 9 vum mengem Rapport hunn ech versicht an engem Tableau déi Bedingungen opstellen. Et geet hei ëm Mindestunzuel vu Sécherheetspersonal, Dénsgschtauten, Prezisiounen zum Règlement de service. Dës Be-

dingunge si kumulativ. An anere Wierder muss de Requérant all Bedingungen pro Aktivitéit, déi en ausübe wëllt, erfüllen. Zum Beispill wann eng Persoun, souwuel d'Gestioun vun Alarmsystemer a Geldtransporter bedreiwe wëllt, muss se op d'mannst, ënner anere, 40 Agenten astellen, dräi Fourgonen a sechs Dénsgschtautoe kafen.

Nach e Wuert zu de Fourgonen. Et gëtt deemem Projet virgeworf, datt d'Adjektiv "blindé" erausgeholl gouf, an datt een elo nëmme méi vu Fourgone schwätzt, an net méi vu Fourgons blindés. De Statsrot wor mat der Proposition vum Justizminister, déi d'Kommissioun iwwerholl huet, averstanen. E Règlement grand-ducal muss déi Bedingungen, wat Sécherheet vun de Fourgonen ugeet, festleeën. Nëmme esou kann eng séier Adaptatioun zu den technesche Fortschritter realiséiert ginn.

De leschten Deel vu mengem mëndleche Rapport gëllt dem Endroit sécurisé. Et sinn dat d'Plaze wou beim Client vun de d'Sécherheetsfirmen Geld oder Wäertsache geliwwert, respektiv ofgeholl ginn. Am initiale Projet gouf ee Mécanisme à double détente geschafen. De Client, deen op d'mannst eemol an der Woch op e Geld- oder Wäertsachentransport zrëckgräift, muss ee Sas fir de Fourgon oder e Sas mural virgesinn. Wann dat net méiglech ass, misst de Client eng Parkplaz, e Local sécurisé, lwwerwaachungssystemer an eng Alaramzentral virgesinn.

D'Kommissioun huet gefaart, datt d'Oppo vun engem Sas ni wäert erfüllt ginn, an datt een direkt op d'Ofweisbedingungen géif zrëckgräifen, besonnesch an deene Fäll, wou de Client net Propriétaire vu sengem Lokal ass, an net alles kann ëmbauen, oder awer vun der Gemeng oder vu staatlecher Sait esou e Sas net erlaabt ass. Dofir huet d'Kommissioun, mam Averständnis vum Statsrot, et besser fonnt, direkt an exklusiv déi an zweeter Positioun opgefouert Bedingungen zrëckzehalen. Dat heescht, eng Parkplaz fir de Fourgon, e Local sécurisé, en lwwerwaachungssystem an eng Alaramzentral fir den Noutfall. Dës Bedingungen si scho schwéier genuch anzehalen, wann ee sech d'Konfiguratioun vun deene meeschte Bankagencen, fir nëmme déi ze nennen, ukuucht.

Mir wëlle jo richtig a realistesch Sécherheetsvirkéierunge fir d'Personal vun de Sécherheetsfirmen schaffen. E regelméisseg Client vu Sécherheetsgesellschaften huet ee Joer vum Akraafttriede vum Gesetz un, fir deemem Gesetz gerecht ze ginn. Déi, déi dat net maachen, kënnen op eng duebel Aart a Weis bestrooft ginn. Éischten, mä dat steet net am Gesetz, kënnen se vun de Versécherungsgesellschaft méi héich Primen ze bezuele kréien, an zweetens kann de Justizminister de Sécherheetsfirmen verbidden, dese Clienten ze liwweren, wéi et am leschten Abschnitt vum Artikel 29 festgehalen ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no eelef Sätzunge vun der Kommissioun, wou mer nach sëllech Entrevuen hate mam Här Aarbechtsminister, mam Statssekretär vun der Fonction publique, engem Vertrieder vun der Post, dem Inspecteur général de la Sécurité dans la Fonction publique an den Direkter vun der Gewerbeinspektioun, hu mer elo en Text virleien, deen eng seriö Approche fir den Accès vun den Activités privées de gardiennage et de surveillance regelt. Et ass grondfalsch, fir an deemem Text entweder en Allheilmëttel géint lwwerfäll op Geldtransporter, oder eng allëmaassend Regelung vun den Aktivitéite vun de Sécherheetsfirmen ze gesinn. Den Accès zu deser Profession gëtt geregelt. D'Bedingungen, fir se ausüben ze kënnen, gi festgeschriwwen. D'Honorabilitéit an de Professionalismus vun de Bedreiwer an dem Personal vun de Sécherheetsfirmen ginn iwwerpräift.

De Gesetzesprojet 4784 ass ee seriösen, ausgeglachenen a realistesch Text, deen den Accès zu de Sécherheetsaktivitéiten deene Persounen léisst, déi d'Sécherheet vun hirem Personal an d'Qualitéit vun hire Servicer garantéiere kënnen.

Ech géif lech also bieden de Projet de loi 4784 an där Versioun, wéi en an der Kommissioun ugeholl gouf, ze stëmmen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.**- Als éischten Diskussionsriedner ass den Här Laurent Mosar agedroen. Den Här Mosar huet d'Wuert.

#### Discussion générale

**M. Laurent Mosar (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, aleedend wëll ech mengem Fraktiounskolleg Patrick Santer merci soe fir seng exzellent Aarbecht, déi hien esouwuel an sengem schrëftlechen, wéi an sengem mëndleche Rapport geleescht huet. Mir si vun him gewinnt, datt en och déi komplizéiert Matière genau a prezis a senge jeeweilege Rappore beschreift. En huet dat och erëm bei deemem Projet op eng kompetent Aart a Weis gemaach.

Ech wëll a menger Interventioun fir d'éischt e puer Wieder verléieren zu der Problematik vun der Koexistenz vum Stat an dem Privatsektor, am Beräich vun de Sécherheetsdénsgschleeschungen. Historesch gesinn zielt de Persounen- a Saacheschutz zu den traditionelle Missiounen vum Service public. An anere Wieder hunn déi staatlech Organer, wéi Justiz a Polizei, d'Aufgab, dem Bierger seng physesche Integritéit a säi Besëtz ze schützen. Si sinn esouwuel op preventivem wéi repressivem Plang aktiv. Duerch d'Fusioun vu Gendarmerie a Police ass besonnesch de Volet vu der Preventioun méi wichteg ginn, an duerch méi eng grouss Presenz um Terrain soll d'Sécherheetsëmfanne vun de Bierger verstärkt ginn.

Ech sinn dann och der lwwerzeegung, datt dës Missiounen vun deene verschiddene staatlechen Institutionen eescht geholl ginn, an domadder d'Sécherheetserwaardungen, déi den eenzele Bierger un de Stat stellt, och a grousssem Mooss erfüllt ginn. Et muss een awer ëmmer erëm feststellen, datt de Persounen- a Saacheschutz ëmmer méi vu Privatentreprisen assuréiert gëtt. Am Géigensaz zu de Statsorganer hu si nëmme Recht um Niveau vu der Preventioun ze schaffen, a si hunn och keng Kompetenzen um Niveau vu der Stroverfolgung. Dës privat Sécherheetsfirmen hunn an de leschten 20 Joer en erstaunleche Boom erlieft, wëll d'Zuel vun de Betriber substantiell a d'Luucht gaangen ass, mä awer ganz besonnesch well déi Betriber, déi haut hei implantéiert sinn, ëmmer méi Mataarbechter agehallt hunn, an och elo nach astellen.

Wat sinn déi déiwer Ursache vun deser Entwécklung? Hei kënn et sécherlech elo argumentéieren, andeem een en Ausdrock vu Mësstrauen an déi staatlech Kapazitéit fir déi öffentlech Sécherheet ze suergen, fir d'Evolutioun verantwortlech ze maachen. Et schéngt mer awer net richtig ze sinn, mä ech géif emol behapten, datt ëmmer méi Entrepreneuren, awer och ganz besonnesch privat Persounen, de Wonsch hunn, e méi perséinlechen a personaliséierten Service ze kréien, fir hire spezifesch Risicken, deene si eben an hirem professionelle Liewen ausgesat sinn, besser entgéintrieden. Esou huet beispillsweis e Finanzinstitut aner Risicken, domadder ee gesteigert Sécherheetsbedürfnis wéi aner Betriber.

Mä net nëmme de Bankesektor ass en importente Client fir des Branche. Och d'Geschäftswelt wennt sech ëmmer méi dem Dénsgsch vu private Sécherheetsfirmen zou.

Ech géif also net behapten, datt hei eng Konkurrenzsituatioun tëschent staatlechen Institutionen a privaten Entrepreneuren besteet, well an der Praxis u sech d'Zesummenaarbecht vu staatleche Sécherheetsorganer an dese private Sécherheetsfirmen eigentlech gutt funktionnéiert, well hir jeeweileg Kompetenzen duerch d'Gesetz genau ofgegrenzt sinn. An deem Sënn sinn de Stat an de Privatsektor komplementär. De Stat assuréiert e Service public am Beräich vun der allgemenger Sécherheet an der öffentlecher Rou, an hie vertritt den Intérêt général a steet am Dénsgsch vu alle Bierger. D'Sécherheetsfirmen op der anerer Sait verteidegen privat a kommerziell, bidden e performante Service, a ginn dofir vun hirem Optraggeber bezuelt.

Bis elo huet dës Situatioun kaum zu Problemer gefouert, a mir sinn och nach wäit ewech vun Zoustänn, wéi se an eisen Nopeschlänner deelweis existéieren, wou sougenannte Privatentreprisen d'Sécherheet vun de Bierger garantéieren, well déi zoustänneg staatlech Organer dozou net méi amstand sinn.

Här President, et dass dofir dann och absolut noutwendeg gewiescht déi aktuell Gesetzgebung vum 6 Juni 1990 den aktuelle Bedürfnisser vun private Sécherheetssektor unzepassen, an dëst haaptsächlech aus zwee Grënn eraus. Éischten, an ech hunn dat scho virdu gesot, huet de Sécherheetssektor eng staark Expansioun an de leschte Joren erlieft.

Zweetens huet awer och de grouss Banditismus net virun eisem Land Halt gemaach, an ech brauch lech net un déi mat enger un eis ongewinnterer grousser Brutalitéit duerchgeféiert lwwerfäll op Geldtransporteuren ze erënnere. Eng Reform vun der aktueller Gesetzgebung ass also iwwerfällg.

Et geet hei drëm, wéi de Rapporteur et jo schonn duergeluegt huet, fir déi Firmen, déi an deemem Sektor aktiv sinn, legislativ esou ze encadréieren, datt si eng héchst méiglech Qualitéit ubidden, dëst esou wuel um Niveau vun der beruflecher Qualifikatioun, wéi awer och der Honorabilitéit vun hire Mataarbechter. Et geet awer och an deemem Gesetz drëm, fir déi Sécherheetsmoosname virzugesinn, déi en optimale Schutz vir Geldtransporter garantéieren. Hei ginn net nëmme d'-Firme selwer an d'Flicht geholl, déi an Zukunft hir Mataarbechter op eng effizient Manéier musse géint lwwerfäll schützen, mä awer och d'Clienten vun dese Sécherheetsfirmen mussen an Zukunft eng ganz Rei vun Oplagen erfüllen.

Ech wëll hei net am Detail op dës Bestëmmungen agoen, de Rapporteur huet dat op eng extensiv Manéier an sengem schrëftleche wéi och a sengem mëndleche Rapport gemaach.

D'zoustänneg Kommissioun huet allerdéngs dese Projet op enger ganzer Rei vu Punkten amendéiert, an ech wëll mech dann och haaptsächlech mat deene Punkte beschäftegen.

Här President, een éischten Amendement betrëfft de Persouneschutz, dat heescht, de sougenanntene Beruff vum Bodyguard. De Regierungstext hat desen Aspekt ausgeklammert, wat op Kritik vum Statsrot gestouss war. De Statsrot war awer bei dese Kriticken net eleng, mä och d'Kommissioun huet gemengt, datt eigentlech de Persouneschutz misst ënnert de Champ d'application vun deemem Projet falen, an dofir huet dann och d'Kommissioun eng Definitioun vum Persouneschutz virgeschloen, an ech si perséinlech dovun iwwerzeegt, datt mat deemem Amendement eng Rei vu Garantien um Niveau vun der Honorabilitéit an der beruflecher Qualifikatioun vun deene Persounen, déi an Zukunft Persouneschutz wäerte maachen, och garantéiert gëtt.

Virun allem geet et awer iwwerhaapt emol an engem Gesetz fir d'Problematik vum Persouneschutz ze regelen, well dat bis elo jo net de Fall war. Déi zoustänneg Kommissioun hat awer och nach en zweeten Amendement proposéiert, deen d'lwwerwaachung an de Schutz vu Persounen am Beräich vun der Sécherheet op öffentleche Plaze sollt regelen. Dëst ass och eng Matière, wou et am Moment guer keng Gesetzgebung gëtt, an et ass dann och zu Recht vun enger ganzer Rei vu Membre vun der Kommissioun kritiséiert ginn, datt op deemem Punkt onbedéngt misst légiféiert ginn. Wa mer hei vun öffentleche Manifestatiounen schwätzen, sou geet et virun allem ëm déi grouss, sportlech a kulturell Evénementer wéi Concerten, respektiv zum Beispill grouss Footballmatcher.

D'Kommissioun hat dann och eng ganz Rei vun Dispositiounen virgeschloen, mä ass leider Gottes op d'Opposition formelle vum Statsrot gestouss, deen der Meinung war, datt desen Text net géif déi néideg Garantie bidden, an och Froen opgeworf huet, notament am Kontext vum Artikel 8 vun der europäescher Mënschenrechtskonventioun iwwert de Respekt vum Privatliwen. Well dës Bedenken, an dat wëll ech awer hei ervirsträichen, sécherlech pertinent sinn, huet dann

och d'Kommissioun hiren Amendement zrëckgezunn, ouni awer nach eng Kéier op d'absolut Nécessitéit vun enger Reglementatioun och fir dese Sektor hin ze weisen. Meng Fraktioun bleift dann och der lwwerzeegung, datt een déi aktuell Situatioun vu Vide juridique muss reglementéieren, an ech géif dofir och där Motioun, déi de Rapporteur virdrun deposéiert huet, d'Ennerstëtzung vun der CSV-Fraktioun zousoen.

Allerdéngs, an dat well ech awer och hei betounen, muss eng Reglementatioun an dem Beräich d'Rechter an d'Flichte vun de Prestataires de services genaustens definéieren, a ganz besonnesch mussen och déi néideg Garantie fir de Bierger um Niveau vun de Grandrechter a ganz besonnesch op deene vum Schutz vun senger Privatsphär prezis festgeluegt ginn.

Finalement huet dann och nach d'Kommissioun iwwer d'Opportunitéit diskutéiert, fir den Uwendungsberäich vun deemem Projet op déi sougenannten Activités exercées pour son propre compte auszedeelen. Méi spezifesch ass et hei ëm de Beräich vum Secteur public gaangen, wéi zum Beispill d'-Banque Centrale, d'Spuerkeess oder d'Post. Hei ass et fir d'Commission juridique evident gewiescht, an ech well dat och nach eng Kéier betounen, datt dës Wäerttransporter net mander strenge Bestëmmunge kënnen ënnerworf ginn, wéi déi am Privatsektor. An do denken ech natierlech an éischter Linn un d'Sécherheet vun deene Leit, déi dës Transporter assuréieren.

De Problem, dee sech hei stellt, an de Rapporteur huet et virdrun och schonn eng Kéier virgedroen, ass deen, datt eben d'Etablissements publics, déi no Akraafttriede vum modifizéierte Gesetz vum 19. März 1988 iwwert d'Sécherheet an der Fonction publique geschaf gi sinn, net ënnert déi Gesetzgebung falen. Weiderhin, an dat ass eigentlech erstaunlech, ass de Règlement grand-ducal, dee speziell Sécherheetsmoosname fir Instituter a Servicer, déi Fonge manipuléieren, virgesäit, ni bis elo adoptéiert ginn. Wéi de Rapporteur dann och schonn an senger Ausféierunge virgedroen huet, hat d'Kommissioun dozou eng Entrevue mam zoustänneg Statssekretär fir d'Fonction publique, deen der Kommissioun deemools zougesot huet, och op deemem Niveau wellen ze légiféieren. D'Kommissioun huet nämlech gemengt, et wär net sënnvoll, dese ganze Volet vun der Sécherheet am staatleche Sektor an dëst Gesetz ze integréieren, well se d'Philosophie an d'Struktur vun deem Text, deen eigentlech d'Nidderloossungsrecht regelt, op d'Kopp geheit hätt.

Mir bleiwen awer der lwwerzeegung, datt och am Secteur public eng optimal Sécherheet muss garantéiert ginn, wat Wäerttransporter ubetrëfft, an et daerf hei net zou enger Rechtsonsécherheet kommen. Dofir ass dann och de Minister vun der Fonction publique gefuerdert, fir an de schnellstmöglichechen Délaien e Projet auszeschaffen, deen all Etablissements aus dem Secteur public viséiert, dat onofhängeg vum Zäitpunkt, wou se an d'Liewe geruff gi sinn.

Doniewent muss och endlech dee Règlement grand-ducal iwwert déi speziell Sécherheetsbestëmmungen an deemem Sektor esou schnell wéi méiglech op den Instanzewe geschéckt ginn.

Här President, dir Dammen an dir Hären, schlussfolgernd géif ech wellen zrëckbehalen, datt dese Gesetzesprojet, och wann e sécherlech net all Gebitter vum Schutz vu Persounen oder awer och Wäerttransporter ofdeckt, e gudden, modernen, awer ganz besonnesch e realistesch Text ass. Hei denken ech dann och un déi Bestëmmungen, déi d'Kommissioun an hire Majoritéit décidéiert huet ewech ze loosse, wat d'Sécherheetsbestëmmungen a Geballechkeeten ubetrëfft, wouhin a vu wou Wäerttransporter assuréiert ginn. Hei waren am ursprüngelechen Text eng ganz Rei vun Oplage festgeschriwwen ginn, déi awer an der Praxis dozou gefouert hätten, datt entweder iwwerhaapt keng Transporter méi hätte kënnen ausgeféiert ginn oder awer esou opwendeg Transformatiounsaarbechten mat sech gezunn hätten, datt et quasiment eng Saach vun der Onméiglechkeet gewiescht wär, fir d'Propriétaire vun esou Immeublen.



D'Approche, déi d'Kommissioun zrëckbehalen huet, ass also eng, déi vun engem gesonde Realismus gedroen ass, an déi versicht optimal Sécherheetsbestëmmungen ze garantéieren, ouni op där anerer Säit awer dat Onméiglechst ze verlaangen, well och an dësem Beräich ass et wéi a villen, eng honnertprozenteg Sécherheet gëtt et souwisou net.

De Projet, dee mer haut an hei diskutéieren, bedeit awer sécher eng qualitativ Verbesserung um Niveau vun der Qualifikatioun an der Honorabilitéit vun deene betroffene Beruffer an e leet e Fundament, fir eng beschtméiglech Sécherheet bei Wäerttransporter. Dofir wäert d'CSV-Fraktioun och dëse Projet stëmmen. Ech soen lech merci.

**M. le Président.**- Als nächste Riedner ass den Här Jean-Pierre Klein agedroen. Den Här Klein huet d'Wuert.

**M. Jean-Pierre Klein (LSAP).**- Här President, dir Dammen an dir Hären. Merci dem Rapporteur fir säi Rapport. D'Ziel vun dësem Projet de loi ass ganz besonnesch fir déi Leit, déi am Beräich vum Geld- a Wäerttransport tätég sinn, eng verstärkte Sécherheet a Protektioun ze verschafen. Dat gëtt och heiduerch deelweis erreecht. Dee Projet hei geet relativ wäit, mä an eisen Aen net wäit genuch. Mir hate geduecht, et hätt een hei nach kënnen aner Bestëmmunge mat ersetzen, déi nach méi Sécherheet a méi Protektioun fir déi Leit hätte kënnen bréngen.

D'Gesetz vun 1990, dat dësen Domän de Moment behandelt, muss un déi aktuell Gegebenheeten ugepasst ginn. Mir wëssen nämlech, datt an der rezenter Zäit d'Uwwerfall op dës Transporter eng gréisser Envergure ugeholl hunn, datt d'Kriminalitéit méi grouss Ausmoosse kritt huet, datt d'Exécutantë vun dësem Déngscht hiert Liewe gelooss hunn duerch Krimineller, déi versicht hu sech op dës an hir Manéier schnell ze beräicheren.

Et handelt sech awer och drëm fir de professionelle Privatpersounen oder Gesellschaften Virschreften ze maachen, déi och am Sënn vun der Sécherheet a vun der Protektioun vun hire Salarieë geduecht sinn.

Wat den Exercice vun dësen Aktivitéiten ubelaangt, ass virgesinn, datt déi Professionell déi autoriséiert si fir se auszeüben, nëmmen därëfen dat maache wa se déi zwou Autorisatiounen hunn, nämlech eng vum Minister vun der Justiz, an op der anerer Säit vum Minister vun de Classes moyennes. Si därëfen och nëmmen operéieren an deene vum Gesetz virgesinne Beräicher. Dat ass am Artikel 3 virgesinn, mat enger Ausnam, déi do virgesinn ass. Dat ass gutt esou.

Mussen a kënnen dës Firma sech voll a ganz op déi Aktivitéite konzentréieren a sech der Sécherheet vun hire Leit méi unhuelen. Si ginn och gepréift op hir Honorabilitéit an zwar zweemol. Engersäits vum Justizminister an och vum Minister vun de Classes moyennes. D'Firma muss sech och mat dem néidege Material an enger bestëmmter Zuel vu Leit équipéieren, fir hirer sensibler Aufgab gerecht ze ginn.

Wat interessant ass, dat ass de Règlement de service, dee fir d'Personal eng Leitlinn soll duerstellen. Do geet och speziell dovun Riets wéi den Agent sech bei der Ausübung vu sengem Beruff muss behuelen, wéi e sech vis-à-vis vun deenen anere Leit ze behuelen huet, a wéi e sech am Fall, wann en eng Waff dréit, ze behuelen huet.

Dat Lescht, d'Droe vun enger Waff, schéngt mir e sensible Punkt ze sinn, deen net léichtfäerteg ze behandelen ass, besonnesch am Zesummenhank mat der légitimer Défense, déi och am Règlement de service ugeschnidde gëtt. Op dësem Gebitt mussen d'Agenten ausféierlech opgekläert ginn, wat se ënnert "légitime défense" ze verstoen hunn, fir datt net liichtfankeg mat der Waff ëmgaange gëtt.

Iwwerhaupt ass net ze vergiessen, fir de Salarieën déi noutwendeg wichteg Opklärungen iwwert d'Ausübung vun hirem Beruff ze vermëttelen. Och ass d'Formatioun e ganz wichtegt Element, wat menger Meenung no hei an deem Règlement de service ze kuerz kënn. Do misst méi intensiv driwwer geschwat ginn an et misst och e Pro-

gramm bestoen, wéi déi Leit, déi agesat ginn an esou engem geféierlechen Domän, mussen forméiert ginn, och am Interesse vun hirer Sécherheet, an am Interesse vun der Sécherheet vun deenen aneren.

Am Zesummenhank mat dem Droe vun der Waff wollt ech nach drun erënnere, dass mir viru Jore schonn un engem neie Waffegesetz bricoléiert hunn. Den Här Jung deen ass Rapporteur. Mir haten do e puer memorabel Sitzungen. Mir hu jorelaang net méi driwwer geschwat. Et wier un der Zäit, wann ee géing dat Waffegesetz erëm aus der Mattekëscht erauszéien, an dass een dee Projet da kéint definitiv verabschieden. Mir haten do flott Sitzungen, interessant Sitzungen. Et ass schued, dass dat elo sou laang schleeft, ier mir erëm domadder virufueren. Zréck zum Règlement de service.

De Projet de loi gesäit e Minimum vu Regele vir. Dëst Règlement kënn wéi gesot nach aner Bestëmmungen enthalen, misst och nach aner Bestëmmungen enthalen, Richtlinnen, déi da vum Patronat, vum Personal a vun hire Gewerkschafte verfeinert géife ginn, besonnesch erëm eng kéier wat d'Sécherheet ubelaangt. An och ganz besonnesch d'Zesummenaarbecht vun deenen Agenten, vun deene Leit, déi an deem Beräich schaffen, ze fördere mat de Forces de l'ordre.

An dësem Projet de loi ginn och d'Benotzer vun dësem Service de gardiennage et de surveillance mat an d'Verantwortung gezunn. Si mussen Infrastrukturen a virgeschriwwen Sécherheetsmoosnamen, déi elo bestinn, upassen un déi nei Begebenheeten, an och d'Obligatiounen vun den Usagere mussen mat deem gréisste Sérieux op hire Respekt iwwerpräift ginn.

Ursprénglech war am Projet de loi de Persouneschutz net virgesinn. Mäi Virriedner, den Här Mosar, huet dat och elo grad hei erkläert. D'Commission juridique huet dëse Punkt bäigesat. Si wollt och esou wäit goen, fir de private Service de gardiennage et de surveillance, d'Kompetenz bei den öffentlichen Manifestatiounen, bei den öffentlichen Lokaler ze ginn, fir de Persouneschutz ze garantéieren.

De Conseil d'Etat huet sech mat Recht géint esou eng Zoustännegkeet gewiert, well d'Bestëmmung, déi Commission juridique agesat hat, net explizit genuch war. Ech sinn och der Meenung, datt dat géing ze wäit goen. Ech mengen, dass déi Zoustännegkeet fir de Persouneschutz an d'Hänn vun den eigentleche Polizeioorganer gehéiert. Dat ass e Service public, dee muss gutt fonctionnéieren an eis Polizei ass dofir do, fir de Leit bei deene Geleeënheeten an op deene Plazen déi néideg Protektioun ze garantéieren.

En anere wichtige Punkt, deen an der Commission juridique opgeworf gi war, an dee laang diskutéiert ginn ass, ass dee vun der Protektioun vun de Persounen, déi beim Stat oder bei den Etablissements publics schaffen, an déi och do den Transport vu Fongen duerchféieren. Mir hu festgestallt, dass d'Gesetzgebung iwwert d'Sécherheet an der Fonction publique op deem Plang Lacunen opweist. Souwuel de Commissaire général wéi och de Statssekretär an der Fonction publique an an der Réforme administrative hunn eis dat bei enger Réunioun bestätegt. Si hu versprochen, fir déi diesbezüglich Gesetzgebung a Règlements grand-ducaux am Sënn vun der Sécherheet vun deene Leit, déi am öffentleche Secteur schaffen, ofzeänneren.

Dat war am Januar vun dësem Joer. Dat sinn elo néng Méint hier. Mir hu bis elo nach näischt hiéiere vun deenen Ofännerungen. Et wier net vill Aarbecht gewiescht, fir dat ze maachen. Dat feelt nach ëmmer. Mir halen drop, dass dat awer soll gemaach ginn. Bis elo ass näischt geschitt, obschonn, wéi gesot, dass dat hätt kënnen schnell duerchgezu ginn. Mäin Appel un déi zoustänneg Ministesch vun der Fonction publique, fir schnell ze reagéieren, besonnesch well d'DP och virun deene leschte Wahle ganz vill op d'Sécherheet gehalten huet a wäert och nach sécherlech vill drop halen. An dofir géing ech mengen, et wär gutt, wann esou séier wéi méiglech hei déi Ofännerungen an déi Zousätz zu där Gesetzgebung géinge virgeluegt ginn.

Mir hunn also zwou Zorte vun Agenten oder vu Persounen, déi an där geféierlecher Branche do schaffen. Déi eng hu méi e grouse Schutz wéi déi aner, an domadder si mir net d'accord. Et wier haut eng gutt Geleeënheet gewiescht, fir déi Leit alleguerten op dees selwechte Pied d'égalité ze setzen, fir dass se alleguerte vun deenen noutwendegen Sécherheetsmoosnamen hätte kënnen profitéieren.

**(M. Willy Bourg prend la Présidence)**

Am Gesetz ass och eng ganz Partie vu Règlements grand-ducaux ugekënnegt ginn. Déi hunn ech an der Commission juridique net ze gesi kritt. Déi Règlements grand-ducaux sinn d'Ausféierungsbestëmmungen vun deene gesetzleche Regeln. An dofir kann ech och net den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi ginn, mee mir géingen eis bei dësem Projet de loi enthalen, well wéi gesot, et ass e Fortschrétt par rapport zum Gesetz vun 1990, mee et hätt ee kënnen méi wäit goen, an dofir, wéi gesot, eis Enthaltung.

Merci.

**M. le Président.**- Merci, Här Klein. D'Madame Beissel huet d'Wuert. Här Minister, ee Moment wann ech gelift.

**(Interruptions diverses)**

**M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.**- Ech wëll kucken ob ech dem, wat d'Sozialisten hei proposéieren, net awer soll Rechnung droen.

**M. le Président.**- Här Klein, hutt Dir dorop eng Äntwert?

**(Interruptions diverses)**

Ee Moment, wann ech gelift. Den Här Minister huet eng Fro gestallt. Den Här Klein kann net direkt drop äntworten. Da kënn déi Äntwert no.

D'Mme Beissel huet d'Wuert.

**Mme Simone Beissel (DP).**- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech wollt fir d'éischt och dem Rapporteur merci soe fir säin ausféierlech schrëfflechen a mündleche Bericht. Dat Gesetz, dat mir haut diskutéieren a solle stëmmen, ass ganz wichteg fir de gudden Fonctionnement, net nëmme vun der Finanzplaz Lëtzebuerg, mä och vun dem Grousshandel. Doniewent gëtt d'Sécherheet vun de Convoyeurs mä och vun de Pasanten, dat heescht vum grand public, verbessert.

Mir wësse jo alleguerten, wat an de leschte Jore lass war. Eng Rei Iwwerfall op Geldtransporter. An déi hu mir erlieft, déi ware vun enger Brutalitéit an enger Rücksichtslosegkeet, wéi mir se bis dato zu Lëtzebuerg eigentlech net kannt hunn. Et muss ee sech d'Fro stellen, wat an de leschte Jore geännert huet?

Et ass nun emol gewosst, dass eng Plaz, wou vill Geld zirkuléiert, och kriminell Energien unzt. Dat war schonn esou ganz friier - dat war praktesch nach ëmmer esou. Wat sech awer geännert huet, dat ass, datt d'Finanzinstitute, d'Banken an och ganz vill grouss Commercer eng Rei Sécherheetsmoosname getraff hunn, fir de Banditten hiert "Handwierk" esou schwéier wéi méiglech ze maachen. Et gëtt ëmmer méi schwéier, et gëtt bal onméiglech, fir eng Bank ze iwwerfallen.

Da kënn awer en zweete Punkt, wou et ganz kriddlech a ganz kritesch ass, dat ass den Transport vum Geld zwëschen dem Centre commercial oder dem Finanzinstitut zu där Plaz, wou et soll hikommen, e kriddlechen a kritesche Moment, an do hu mer schonn dann déi Événementer erlieft, déi och de Législateur derzou veranlasst hunn, fir d'Gesetz vun 1990 op de Métier ze huelen an ze kucken, a wat fir enger Hisiicht et kéint verbessert ginn. Dat Gesetz vun 1990 huet deene rezenten Evolutiounen nämlech keng Rechnung gedroen, et huet sech bewisen, dass et misst moderniséiert ginn, well eben d'Kriminalitéit esou en Ausmooss an eng Perfektioun kritt huet - du jamais vu - dass mussen d'Sécuritétsmoosname verbessert ginn.

Ech kommen elo kuerz zum öffentleche Secteur, en ass virdrun hei ugesprach ginn, an ech wëll all de Kollegen, déi bis elo geschwat hunn - ausser dem Patrick Santer -, awer Folgendes soen, well si net um leschte Stand vun der Informatioun sinn: Mir hunn d'Gesetz vun 1988, wat d'Sécherheet an der Fonction publique regelt, duerno hu mer e Gesetz vun 1994, wat d'Lescht vun den Etablissements, déi ënnert déi Bestëmmungen vum Gesetz falen, opléscht, an do war e Problem, do stong dran, dass nëmmen déi Etablissements, déi virun dem Gesetz vun 1994 gegrënnt gi sinn, ënnert d'Protektioun vun deenen Dispositiounen gefall sinn. Do ware bestëmmt Etablissements, déi hei ugesprach gi sinn, wéi zum Beispill d'Spuerkeess, déi net drënner gefall ass, an d'Banque Centrale. Dofir war jo de Statssekretär Jos Schaack am November bei eis an der Kommissioun, an huet gesot, hie géif déi néideg Schrëtt ënnern huelen.

Ech kann lech soen, dass en Amendement am Kader vum Statut vum Fonctionnaire elo geholl ginn ass. En ass ausgeschafft ginn, an do falen elo, no deem Amendement, alleguer d'Etablissements publics, dat heescht déi bestehend an déi zukünfteg, elo alleguerten ënnert d'Gesetz vun 1988. Definitiv ginn all Zorte vun öffentleche Gebaier an all Zorte vun Etablissements publics ënnert dat Gesetz vun 1988 rangéiert, an duerfir de Problem mat Diskussiounen, déi virdru bei deene Punkten, déi hei opgehuewe gi sinn, déi hu keng Daseinsberechtigung méi, well dee Punkt do gëtt elo definitiv an d'Rei bruecht.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Entschëllegt, Mme Beissel, weini kënn dann dee Statut? Et ass eppes wéi d'Ungeheuer vu Loch Ness, dat geescht schonn zënter véier Joer dorëmmer, oder zënter fënnef, a kënn einfach net méi eraus.

**Mme Simone Beissel (DP).**- Dee Statut, Här Mars di Bartolomeo! Dir sidd jo an deenen zoustännegen Kommissiounen, Dir wësst jo, wéi wäit Der sidd.

**M. le Président.**- Den Här Ripinger huet d'Wuert.

**M. Jean-Paul Ripinger (DP).**- Här President, ech fannen déi Interventioun vum Här Bartolomeo allerhand. Hien ass an där Kommissioun. Déi Kommissioun huet bis elo zéngmol getaagt. Zéngmol! An Dir waart elo op d'Amendement, déi gemaach si ginn op den Avis vum Conseil d'État. Dann ass et net um Här Mars Di Bartolomeo hei scheinhelleg heihinner ze kommen an ze froen, wou dee Statut ass.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Mir waarde schonn dräi Joer op den Avis vum Conseil d'Etat!

**M. Jean-Paul Ripinger (DP).**- Ech fannen dat allerhand, wann ee selwer an der Kommissioun ass an een et net fäerdig bréngt, déi Honnêteté intellektuelle ze hunn, fir ze soen, datt déi Kommissioun géing op den Avis vum Conseil État waarden.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Entschëllegt, Här President, därf ech dozou Stellung bezéien?

**M. le Président.**- Mme Beissel, fuert Dir weider.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Entschëllegt, Här President!

**(Interruptions diverses)**

**Mme Simone Beissel (DP).**- Här Di Bartolomeo, maacht dat mam Här Ripinger op enger anerer Plaz aus.

Wéi gesot, dee Problem gëtt elo geléist. Mir schwätzen awer elo vum Gardiennage, mir schwätze vun der Roll, vun der Roll vum Stat, déi dora besteet, d'Schutz vu senge Bierger an hire Gidder ze garantéieren, an dat ass eng Pflicht, eng Roll vum Stat, mee och eng vu senge Prerogativen. Dat ass ganz wichteg, well mer mussen ëmmer kucken, wéi mir déi privat Sécherheetsfirmen situéieren. Ech mengen, et muss ganz kloer ënnerstrach ginn, dass dës Sécherheetsfir-

maen eng komplementar Fonctioun assuméiere vis-à-vis vun deene Leit, vis-à-vis vun deene Gesellschaften, déi gären eng personaliséiert Beschützung hätten, well si d'Gefill hunn, duerch hir Fonctiounen, duerch hir Aktivitéiten, méi bedrot ze sinn. D'Existenz vun deene private Sécherheetsfirmen ass op kee Fall en Ageständnes, an dat ass jo hei ugeklongen, dass de Stat senger Urmissioun net gerecht gëtt. Op Grond awer vun deene komplexen Entwécklungen an dem Secteur, ass de Gesetzgeber gefuerdert, fir och den Sécherheetssektor beschtméiglech ze reglementéieren. Et geet schonn drëm, dass d'Employéë vun de Sécherheetsfirmen an d'Clienté genügend geschützt sinn. Et geet och drëm, fir de Seriö an de Professionalismus vun deene Firmaen ze garantéieren.

Et ass genau an dësem Punkt, wou den neie Gesetzesprojet wichteg Präzisiounen bréngt. Wat ganz nei ass, ass, dass elo an der Zukunft an dësem Secteur jiddferen eng duebel Autorisatioun brauch. Déi éischt kënn vum Mëttelstandsminister a soll sécherstellen, dass de Requérent, dat heescht meeschtens de Patron, déi richteg Qualifikatioun a Formation matbréngt, déi zweet kënn vum Justizminister, déi den interne Fonctionnement vun der Firma an d'Honorabilitéit, also e Leugnungszeugnis, vun de Requérenten iwwerprüeft. An duerch dës duebel Autorisatioun gëtt e Maximum u Garantien an dësem sensiblen Domän festgeschriwwen.

En anert neit Gebitt ass de Prinzip vun der Spezialisatioun. Et ass net méi méiglech, dass eng Sécherheetsfirma och doniewend aner kommerziell Aktivitéiten mécht, ausser an dem Punkt vun der Elektrizitéit vun de Centrales d'alarme, wou mer einfach eng Décisioun geholl hu vu gesondem Mënscheverstand, dass een déi Aktivitéite vu Réparatioun an Installatioun och ka maachen. An dëse Punkt vun der Spezialisatioun dréit och derzou bäi, dass de Seriö vun dëse Firmaen definitiv séchergestallt gëtt.

Ech wëll net nach eng kéier am Detail op alleguerten d'Virschreften agoen, meng Virriedner hunn dat scho bëllicht, mee ech wëll awer ervirsträichen, wéi genau dëst neit Gesetz op déi verschidde Facette vum Beruff selwer ageet. Et gëtt elo mol ganz kloer ënnerscheed zwëschen der Iwwerwachung vun den Immobilien, dem Verwalte vun den Alarmzentren a vum Geldtransport. Hei gi präzis Konditiounen gestallt a jiddferengem vun dëse Beräicher, wat den Équipement ugeet, d'Personal, d'Zentral, d'Uniformen an de Règlement de service. Doduerch enst minimal Qualitéitsnormen, déi mussen erfüllt ginn, fir iwwerhaupt kënnen an dësem Beräich tätég ze sinn. D'Autorisatioun ass jo fënnef Joer gulteg, kann awer jiddreizäit zréckgezu ginn, wann déi betreffend Firma sech net un déi strikt Sécherheetskonditiounen hält.

En zweeten, ganz wichtigen Aspekt vun dësem Gesetzesprojet ass d'Honorabilitéit vum Personal. D'Sécherheetsfirma muss dem Justizministère d'Lescht vun hiren Employéen zoukomme loossen, et mussen Dokumenter produzéiert ginn, wéi de Curriculum Vitae, en Extrait vum Casier judiciaire, eng Kopie vun der Carte d'Identité, asw. Et geet dem Législateur hei drëm, fir genau eng Iddi ze hunn vum Profil, an domat de Seriö vun den Employéen, déi a Sécherheetsfirmen agestellt si, ze iwwerpräieren. Nei ass och an dësem Gesetzesprojet d'Virschreiwung vun engem Règlement de Service. An dem Règlement mussen e ganze Koup Dispositiounen festgehalen ginn, wéi zum Beispill d'Handhabung vum Berufsgeheimnis, d'Selbstverteidigung, d'Kollaboratioun mat der Police, den Émgang mat de Waffen, an do derbäi regelméisseg Schéissübungen.

Et ass virgesinn, dass Minimum véiermol am Joer mussen Exercices de tir gemaach ginn. - Dat ass ee vun deene klengen Soucien, déi ech nach hunn, an ech wollt dem Justizminister an deem Kontext nach eng kéier un d'Häerz leeën, dass hie versicht, fir ze kucken, dass déi Exercices de tir och kënnen iwwert d'Bühn goen. Am Moment ass et esou, dass esouguer eis regulär Polizei Schwierigkeeten huet, fir Exercices de tir ze maachen, well eis Schéisstänn net a genügen Zuel sinn an déi privat Sécherheetsfirmen ganz oft



iwwert d'Grenz ginn, fir déi Exercices de tir hire Leit ze erméiglechen. Do muss d'Lëtzebuerger Regierung zesumme mat de Firmaen en Effort maachen, fir déi Exercicen ze garantéieren, well et gëtt näischt méi Geféierlech-es wéi een, deen eng Waff dréit an net dermat kann ëmgoen, dann ass et besser, hien dréit keng.

Den Text gëtt also de gesetzleche Minimum vun esou engem Règlement de service a gesäit dat vir. All Règlement de Service muss vum Justizminister agréiert ginn, a wat ganz wichteg ass, als Flexibilitéitselement, ass, dass de Justizminister sech d'Recht virhält ze fuerderen, dass nach zousätzlech Dispositiounen an deem Règlement de service agefügt ginn. De Justizminister huet also eng Marge de manoeuvre a kann, gegebenefalls, wann nei Momenter optauchen, och nach zousätzlech Prescriptione maachen.

Eng aner wichteg Erkenntnis, dat ass, dass d'Sécherheet vun all Geldtransport net nëmme vum Transporteur ofhänkt, mee och vun deene Leit, déi regelméisseg op esou Servicer zrëckgräifen. Hei spillt also de Prinzip vun der Responsabilité partagée. Am Gesetzesprojet ass virgesinn, dass dës Leit selwer e Minimum vu Sécherheitsmoosnamen treffe mussen. Sou gëtt zum Beispill verlaangt, dass eng speziell Parkingsplaz fir d'Fourgonneté reservéiert gëtt an en Alarmsystem installéiert gëtt, mat deem d'Zentral vun der Sécherheitsfirma bei Gefor kann alarméiert ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, menger Meinung no stellt sech hei déi fundamental Fro, wéi wäit de Législateur muss oder wëll an deem Privatsecteur agraifen. Am Endeffekt geet et jo hei ëm e Service, dee géint eng Bezuelung prestéiert gëtt. Et kéint een, wann een dat e bësselche méi burschikos ugeet, jo soen: "Wann dem Client de Service net méi gefält, de Service léisst ze wënschen iwwreg, da kënnt jo am Prinzip de Client d'Konsequenz zéien an eventuell bei eng aner Firma goen an aner Leit engagéieren. Dat ass eng wirtschaftlech ganz einfach Regel. Mee hei an deem sensibelen Domän vun der Sécherheet ass dat awer keng honnertprozenteg valabel Regel. Well mir sinn hei an der Domaine vun der Sécherheet, an do gëtt et näischt zum honnertprozentegen Tarif.

D'Finanzplaz kann awer sech an deem sensibelen Domän kee grësseren Ausrutscher leeschten. Well Dir kennt de System vum Magnéit. Wa Lëtzebuerg op deem Punkt viru sensibel ass, wann d'Impressioun dobause sech breet mécht, dass kriminell Bande zu Lëtzebuerg éischter wéi aneschtwou Succès hätten, fir mat hiren Aktiounen duerchgekomen, da riskéiere mir, dass dat sech an den nächste Joere wéi e Magnéit auswierkt. An déi eng kriminell Energie zitt déi aner un, an da komme mir erëm an aner Stufe vu grouse Sécherheitsproblemer. Deem muss Rechnung gedroe ginn. Dofir muss dat Gesetz hei och strengstens duerchgezu ginn.

Zweetens a ganz wichteg, muss jo och d'Sécherheet vum Personal vun de Firmae verbessert ginn. Dir kennt de System vun de Gilets pare-balles. Momentan ass et de System vun de Fourgonnettes blindées. Dir hutt gemierkt, am Projet de loi hu mir eis do net méi drop fokusséiert. Firwat? D'Technologë ginn ëmmer virun, mir wollten dat net als "nec plus ultra" am Text zrëckhalen. Entre-temps gëtt et Technologie vun der Mallette intelligente, an anerer, wou d'Sécherheet vun de Beamte ka besser mat Momenter garantéiert ginn, wéi wa se lo mat Tanken duerch d'Géigend fueren an och nach eng Prozessioun vu klengen Autoe ronderëm sech hunn.

Mir muss Léisunge fannen, wou dee System vun de Panzerween, déi mëten duerch d'Passanten an d'Stad fueren, eventuell an absehbarer Zäit duerch aneres ofgeléist gëtt. Déi Technologie si voll an der Evolutioun. A wësend, dass dat kënnt, hu mir eis och net op de Blindage sou festgesat. Dass dat de Gewerkschafte momentan keng Freed mécht, versti mer och, mee, ech mengen, et ass awer esou geduecht, dass de Blindage dee besteet an absehbarer Zäit soll verbessert ginn, esou dass dat keen Thema méi ass, fir an där Hisiicht de Gewerk-

schaften hir Soucien, déi bien entendu berechtegt sinn, ze considérieren.

A mengen Ae geet zum heitegen Zäitpunkt dëse Gesetzesprojet, wann een e kuckt par rapport zu deem vun 1990, esou wäit wéi een iwwerhaapt kann an deem Privatsecteur goen, ouni ze iwwerreglementéieren, well dat wëlle mir jo och net, well wann een iwwerreglementéiert, Dir kennt dat, déi Gesetzer hunn ni eng laang Zäitdauer, et muss een an absehbarer Zäit schonn erëm um Text änneren.

Dat aalt Gesetz gëtt net nëmme wäitgehend moderniséiert, mee et ginn haaptsächlech, an dat ass a mengen Aen extrem wichteg, well et esou e sensibelen Domän ass, genau Konditiounen opgestallt, e genaue Kader festgeluegt, eng large Palette vu Kontrollméiglechkeeten um Niveau vum Ministère festgesat, dass am Prinzip déi ganz Struktur an Organisatioun vun deem Gardiennage esou verbessert ka ginn, dass Garantieë vun enger besserer Sécherheet och gi sinn. Fir mech ass lo dëst Gesetz par rapport zu deem vun 1990 e ganz klore Fortschrétt. Dofir wäert ech et och stëmmen. Ech bréngen heimat och den Accord vu menger Fraktioun.

Ech soen lech merci.

■ **M. le Président.**- Merci, Madame Beissel. Den Här Henckes huet d'Wuert.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Här President, et wär fir Fait personnel.

■ **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir alleguerte waren erschüttert iwwert déi schwéier Gewaltakten, déi bei de Geldtransporter virkomm sinn a bei deenen eng etlech Persounen blesséiert gi sinn. Et ass verständlech, dass ee sech deen Ablack d'Fro stellt, ob déi Gesetzgebung, déi mir hunn, adequat ass. An dee Projet, dee mir haut solle stëmmen, a wou den ADR och wäert seng Zoustëmmung ginn, dee consolidéiert en fait dat, wat sech an de leeschte Joren u Verbesserungen effektiv duerchgesat huet, an e bréngt och eng etlech positiv Neierungen.

Bei den Neierungen ass ze begrëissen, datt de Persouneschutz elo an d'Gesetz integréiert gëtt. Ennert Persouneschutz versti mir haaptsächlech de Schutz vun deem, wat een nennt d'Protection rapprochée, de Bodyguard. An et ass wichteg, dass dat net an de generelle Beruff vun den Autorisatiounen erakënt, mee dass dat eng spezifesch Autorisatioun bedeit, well et och drëm geet, fir eng spezifesch Missioun ze erfëllen. Do ass bien entendu eng spezifesch Formatioun néideg, déi vun deenen zoustännege Firmen, déi dat exercéieren, gemaach gëtt.

De Rôle vun der Police ass méi e generellen. A wat mir all Kiéiers bedauern, dat ass, dass Police zwar elo lues a lues an der Zuel vläicht opgehëlt, mee dass se ganz weëneg visibel ass um Terrain. Déi gréissten Effikassitéit, déi d'Police kann hunn, ass déi duerch hir Visibilitéit um Terrain. Do sinn nach eng etlech Reformen néideg, fir dass dat méiglech gëtt.

D'Gesetz gesäit dräi grouss Type vu Firmae vir. Dat eent sinn zu éischt déi Firmen, déi d'Iwwerwaachung vun de Gidder oder vun Immobilien maachen. Déi Firmae mussen e Minimum vun dräi Autoen hunn a 15 Leit beschäftegen. Wann déi Firma Alarmzentrale wëllt bedreiwen, da sinn och dräi Autoë gefuerdert an e Minimum vun 20 Leit. Dat bedeit, datt, wann also eng Firma déi zwou Aktivitéite vun Iwwerwaachung vu Gidder an Immobilien an eng Alarmzentral wëllt bedreiwen, wat meeschtens de Fall ass, da muss se sechs Autoen a 30 Leit engagéieren.

Mee ee vun deene schwieregste Problemer ass bien entendu dee vun de Geld- a vun de Wäerttransporter. Hei gesäit d'Gesetz fir, dass eng Firma, déi dat dote wëll maachen, dräi Fourgonen muss hunn, dräi Autoen an 20 Leit. Wann also eng Firma dat Ganzt, déi dräi Aktivitéiten, wëllt exerzéieren, d'Iwwerwaachung, d'Alarmzentral an den Transport vu Geldwäerter, da brauch se néng Autoen, dräi Fourgonen an 55 Leit. Ech mengen do gesäit ee schonn, wéi important d'Ausrü-

stung ass, an och d'Zuel vun de Leit, déi vun sou Gesellschaften beschäftegt musse ginn.

D'Fro, déi sech an deem Kontext stellt, ass déi vun den Autorisatiounen. Wéi geet dat praktesch vir sech? Do muss ech soen, datt mir am Gesetz dat entérinéieren, wat elo besteet. Dat ass éischstens, dass de Ministre des Classes moyennes muss eng Autorisatioun ginn. Dat dauert normalerweis zwee Méint, wann et gutt geet, an heiansdo, wann et méi schlecht geet, dräi Méint. Mee beim Ministère de la Justice do dauert et zéng Méint, zwielef Méint. Do dauert et manifestement méi laang.

Dat erkläert sech zu engem gudden Deel, well de Ministère de la Justice fir d'éischt ofwaarde muss, ob de Ministère des Classes moyennes eng Autorisatioun ginn huet. Da muss de Ministère de la Justice och verschidden Enquêtes ordonnéieren. Déi gëtt en un de Parquet. De Parquet gëtt se weider un d'Police. An dat Ganzt ass herno an deem administrative Wirr-Warr esou duerchenaner, dauert esou laang, datt sech munch Problemer hei stellen.

Ech géing den Här Justizminister bidden, datt en all Efforte mécht, wa mir dat neit Gesetz hunn, dass d'Prozedur kloer sinn, datt Délaie festgeluegt ginn, wéini d'Antwerte mussen erkommen an datt dofir gesuergt gëtt, datt op där enger Säit déi Délaie respektéiert ginn, datt d'Dossieren net verluer ginn, an dass mir an enger ganz rapider Zäit d'Autorisatiounen kënnen hunn. Well wann ee wëll eng Entreprisé grënnen, da muss een och déi Méiglechkeete ginn, an net duerch zevill laang Waardezäiten d'Kreatioun vun neien Entreprises onméiglech maachen.

Well et ass kloer, wann d'Délaien ze laang sinn da kënnen sech Lëtzebuerger Entreprisé net etabléieren, da kënnen just nach Filialë vun auslänneschen Entreprisé sech zu Lëtzebuerg etabléieren an hir Aktivitéiten exercéieren.

Deen anere Punkt, deen an der Diskussioun steet a stoung, mee wou mer awer an der Commission juridique, an onsen Aen, eng gutt Léisung fonnt hunn, dat ass dee vun den Endroits sécurisés.

Et ass verständlech, datt, wa Geldtransporter musse gemaach ginn, datt deen Ablack déi Persounen, déi dat maachen, an enger Geforenzon stiechen. Mir hunn et permanent gesi bei deenen Attacken; mir gesinn et all Dag. Do ass ee Risiko. Et ass verständlech, datt d'Leit verlaangen, oder d'Personal verlaangt, fir ee Maximum vu Sécherheet ze kréien. Mee et ass awer och grad esou evident, datt dat op ville Plazen net realisierbar ass. Do, wou et ze realiséieren ass, do soll et gemaach ginn, mee do, wou et net ze realiséieren ass, do muss mer aner Léisunge sichen. An dat Wichtigst ass, datt den Dialog tëschent dem Justizministère, tëschent der Police, de Gewerkschaften an den Entreprises an och de Clienté gesicht gëtt, fir pro Fall, pro Cas, eng Léisung ze fannen. Dat ass de richtege Wee, well et ass net uniform ze léisen.

Eng Saach, déi mer och wichteg schéngt, dat ass, datt soll driwwer nogeduecht ginn, ob een net soll eng Relatioun setzen tëschent dem Montant vun de Wäerter, déi transportéiert ginn, de Montant absolu, an de Sécherheitsmoosnamen, déi musse geholl ginn. Wann ee gesäit, datt 10, 20 Milliounen Euro musse periodesch transportéiert ginn, da muss ee sech d'Fro stellen: Geet ee méi oft dohin, oder mat méi Personal, oder mécht een ee Mix vun den zwee? Dat muss sech pro Fall klären, dat ass d'Missioun, mengen ech, vun den Entreprises, fir dat mat hirem Personal a mat de Clienten an och mat den Assureuren ze négociéieren. Do muss Léisungen ad hoc fonnt ginn, a wann net, da muss de Justizminister sou, wéi d'Gesetz him elo d'Méiglechkeet gëtt - an dat ass eng gutt Initiativ - gegebenefalls de Geldtransporter verbidden, deesen oder dee Client ze beliwueren. Ech mengen, dat ass eng richtig Approche. De private Secteur muss dëse Problem léisen. Wann hien et net geléist kriit, wa Geforen do si fir d'Per-

sonal, dann ass dem Justizminister d'Méiglechkeet ginn, fir d'Beliwuerung vun dësem oder deem Client onméiglech ze maachen.

Ee Problem bléift nach ze diskutéieren, dat ass dee vun der Sécherheet bei öffentleche Manifestatiounen. Et ass ee Problem, deen net ganz einfach unzegoen ass, well jiddereen, deen op eng Manifestatioun geet, zimlech rosen ass, wann hie bei all Entrée vun enger Diskothéik, bei all Entrée vun engem Fussballmatch fouilléiert gëtt, wann hie seng Täsche muss eidel maachen. Datselwecht gëllt och bei de Flughäfen, och do gëtt et Fouillen, déi heiansdo ganz désagräabel kënnen sinn, ob fir deen een oder fir deen aner. Verschidde Leit brénge vill Versteesdemech do entgéint, anerer net. An déi ganz Situatioun ass augenblécklech net geregelt. Ech hunn och meng Dauten doriwwer, ob een dat am Detail geregelt wäert kënnen kréien, op jidde Fall am Gesetz. Datt ee vläicht ee gesetzleche Rahmen schaaft, wat ka gescheien, wat de Maximum vu Sécherheet ass, oder wat déi Exigencé kënnen si vun dem Sécherheetspersonal, ech mengen, dat bedeit, datt mer nach ganz laang doriwwer kënnen diskutéieren, well ons schéngt et natierlech ze sinn, datt ee kann a muss kënnen Identitéitspabéiere verlaangen op de Flughäfen.

**(M. Jean Spautz reprend la Présidence)**

Mee et kann, et muss een awer och sech d'Fro stellen, wann Hooliganen zum Beispill op ee Fussballmatch kënnen kommen, do ass et an England méiglech, fir hinnen ze verbidden an d'Land ze kommen a fir op de Stadion ze kommen, Och dat bedeit, datt heiansdo mussen eng etlech Idenditéitskontrolle gemaach ginn.

Dat Ganzt ass also net einfach unzegoen, dofir sinn ech och frou, datt mer ons an der Commission juridique konnten eens maache fir dëse Problem net hei ze léisen, well dat eng ganz labber Zuel vu Froen opwerft, déi een net kann aus dem Stegreif léisen, mee dat an engem separate Gesetzesprojet muss ugoen.

Dat gesot, wëll ech den Accord vun der ADR-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet bréngen, deen dat konsolidéiert, wat bis elo sech duerch d'Praxis erginn huet, an deen och eng etlech positiv Neierunge bréngt.

■ **M. le Président.**- Den Här Mars Di Bartolomeo huet d'Wuert gefrot fir Fait personnel. Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Well ech disziplinéiert sinn, an net wollt dotëschent blären, wéi de Fraktiounschef vun der DP meng intellektuell Glafwierdegkeet a Fro gestallt huet, hunn ech gefrot fir hei d'Tribün ze kréie wéinst Fait personnel.

Ech hu just d'Madame Beissel gefrot, no deem se gesot hat, datt d'Fro no deenen Établissements publics, déi elo vun der aktueller Gesetzgebung net beträff sinn, am Statut vum Fonctionnaire geregelt géif ginn, wéini de Statut vum Fonctionnaire géif kommen. An ech hunn dat net fir näischt gefrot, well de Statut vum Fonctionnaire gëtt eis elo vum Statssecrétaire zënter 3 Jore regelméisseg fir dat Joer, wat duerno kënnt, versprach. 1999 ass de Statut eis versprach gi fir d'Joer 2000, am Joer 2000 ass de Statut eis versprach fir 2001, an am Joer 2001 ass de Statut eis versprach gi fir d'Joer 2002, an elo 2002 gëtt eis de Statut fir 2003 versprach.

**(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)**

■ **M. le Président.**- Här Di Bartolomeo, dat do ass awer kee Fait personnel, mee dat do ass eng politesch Ausso.

**(Interruptions)**

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Här President, Dir waart net heibannen, wéi de Fraktiounschef vun deene Liberale meng intellektuell Eierlechkeet a Fro gestallt huet.

**(Interruptions)**

An ech wëll lech soen, datt ech dat net op mir sëtze loossen, an dofir, Här President, der Chamber an de Leit dobassen dokumentéieren, datt et hei

net ëm meng Glafwierdegkeet geet, mee ganz einfach ëm d'Glafwierdegkeet vun de liberale Kollegen an engem Secteur...

**(Interruptions)**

...an engem Secteur, wou se alles versprach haten, dat Blot vum Himmel versprach haten...

**(Interruptions)**

...a bis elo kee vun deene Punkte konnten aléisen, déi si versprach haten, an dofir, Här President, hunn ech mech eben net mat dem Argument begnügt, dat d'Madame Beissel bruecht huet, datt déi dote Problematik am Statut vun de Fonctionnaire soll geregelt ginn.

Well, Här President: Eng Rei vun anere Punkte sollten och am Statut vun de Fonctionnaire geregelt ginn, ënner anerem eng Rei vu Punkten, déi an engem Accord salarial virun zwee Jore geregelt waren a schonn an engem Gesetz agekleet waren. An elo soll och dee Punkt, deen den Här Rippinger an och d'Madame Beissel genannt hunn, derbäi kommen. Mir wëllen et jo gleeuwen, mee déi liberal Kollegen hunn eis gewisen, dass se net dat halen, wat si versprieche, an dofir geet et hei net ëm meng...

**(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)**

...intellektuel Eierlechkeet, mee et get just ëm d'Glafwierdegekeet vun der DP vis-à-vis vun de Statsbeamten, an, Här Rippinger, et wäert lech ganz schwéier falen, mir de Géigendeel ze beweisen.

■ **M. le Président.**- Als nächst Riednerin ass d'Madame Renée Wagener agedroen. D'Madame Wagener huet d'Wuert.

■ **Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).**- Merci, Här President. Ech hunn d'Gefill, mir brauchen och ee Gesetz iwwert d'Ausenanersetzungen an der Chamber. Et hëlt hei Ausmoossen un, déi schonn erschreckend sinn.

**(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)**

Här President, ech wollt direkt schonn am Ufank vu menger Interventioun soen, datt mir eis bei dësem Projet de loi wäerten enthalen, deen zwar ganz viles regléiert, mee genausou viles onregléiert léisst, an déi Lacunë wëll ech dann och a menger Interventioun opzielen.

D'Regierung huet eiser Meinung no hir Aarbecht an engem ganz limitéierte Beraich just gemaach, an ëm dee Projet de loi ass zwar dunn an der Chamberskommission eng ganz laang a breet Diskussioun entstanen, an dat, wat am Ufank eis als eng technesch Adaptatioun der eng Sait, an op der anerer Sait als eng politesch Antwort op déi Cambriolage, déi geschitt sinn, geduecht wor, huet sécherlech eng ganz aner Ampleur krut, wéi dat am Ufank geplangt war, mee trotzdem muss een awer festhalen - wéi gesot -, datt et ganz vill Lacunë gëtt.

Een Thema, wat hei schonn ugeschnidde ginn ass, dat ass dat vum Champ d'application vun dësem Gesetz.

Här President, meng Stëmm ass haut net esou gutt. Vläicht waarden ech léiwer bis et méi roueg ass.

**(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)**

Deen éischte Punkt ass de Champ d'application, wat den Transport de fonds ubetrëfft, an do hu mer eng ganz laang Diskussioun drëm geféiert, ob dee Champ d'application sech nëmme soll op de Compte de tiers bezéien oder ob et och géif ëm Entreprisé goen, déi hiren eegene Gardiennage géifen organiséieren oder hir eegen Transports de fonds. Dat betrëfft, an dat ass en Thema, wat mer jo lo hei schonn e puer Mol gehéiert hunn, natierlech och d'Etablissements publics, zum Beispill dee vun der Banque Centrale. D'Problematik, datt eng Rei vun deenen Etablissements publics nach net ënnert dat Gesetz vun der Sécherheet falen, ass jo hei schonn erwähnt ginn, an och d'Thema, datt de Règlement grand-ducal, deen do am Detail soll och op d'Fro vun den Transports de fonds agoen, net existéiert. Dorop brauch ech net méi zrëckzekommen.

Een zweete Punkt, an dee schéngt mer awer extrêmement grav ze sinn, dat



ass dee vun den Endroits sécurisés. Mer haten am Ufank en Text, wou iwwert d'Sas de Sécurité Rieds gaangen ass, dat heescht, wou relativ dältlech gesot gi war, datt där missen installéiert ginn, fir eben d'Sécherheet bei der Geldiwwergab ze garantéieren. An dës Iwwergab ass jo grad och de Maillon faible an der Kette vum Geldtransport. Eiser Meenung no ass dat wierklech eng vun deenen zwou dramateschste Feelentscheedungen, déi um Niveau vun dësem Projet de loi geschitt sinn, datt dës Obligatioun, e Sas ze maachen, nees aus dem Projet erauskomm ass. An et ass emol net festgehalen ginn, datt weinstens bei deenen neie Gebaier esou eng Obligatioun soll kommen. Mer mengen, datt een do wierklech hätt kënnten ee Schrëtt méi wäit goen.

Et kann ee sech och froen, op Drock vu wem d'Majoritéit vun der Kommissioun op eemol decidéiert huet, fir déi Fuerderung erëm erauszehuelen. Een Aspekt an dem Beräich ass iwwregens dee vun de Bancomaten, och do gëtt et eng ganz Problematik, anscheinend gëtt et zu Lëtzebuerg nach ëmmer vill Bancomaten, déi vu vir gefiddert gi mat Geld, aplaz vun hannen. Dat war och ee Problem, hunn ech mer soe gelooss, dee fir Onsécherheet suergt. An och do stellt ee fest, datt am Gesetz...

Här President, den Här Santer wollt mer eng Fro stellen.

**M. le Président.-** Jo, den Här Santer huet d'Wuert.

**(Coups de cloche de la Présidence)**

**M. Patrick Santer (CSV), rapporteur.-** Ech wollt froen, wat Mechanisme fir d'Fidderen oder de Remplissage vun engem Bancomatsapparat mat engem Projet de loi iwwert den Accès zum Beruff vu Sécherheetsaktivitéiten ze dinn huet?

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).-** Här President, ech mengen net, datt dee Projet sech beschränkt op den Etablissement vun deene Firmen, mee datt et ganz kloer - an dat weess den Här Santer och - eng ganz Rei vun Artikelen doranner gëtt, wou et ëm Sécuritéitsmoosname geet. Ech erënneren zum Beispill, datt an deem Artikel, wou ech elo grad Rieds hat, wou et ëm Fro geet, weini datt een Transports de fonds muss organiséiere loossen, minimal Bestëmmungen drastinn. Dat si jo dann och technesch Bestëmmungen, déi iwwert den Thema vum Etablissement vun de Firmen erausginn, just datt et ebe manner strenger oder manner opwenneger si wéi deen Sas de sécurité, deen am Ufank virgesi wor. Deen ech jo net erfondt hunn, mee deen ee Moment am Text dra stoung, A vun deem mer weiderhi bedauern, datt en erëm erauskomm ass, genau wéi mer bedauern eben, datt bei de Bancomaten deen Thema net ofgekläert ginn ass, wat een do vu Sécherheetgarantie misst bréngen.

Ee weidere Punkt ass dee vun der Protection de personnes, och do hu mer eng laang Geschicht matgemaach. Et ass nämlech esou gewiescht, datt am ale Gesetz een Abschnitt doriwwer drastoung. Wei mer de Projet de loi vun der Regierung virgeluegt krut hunn, war deen awer ganz erausgeholl ginn. An ech ka mech souguer erënneren, datt mer vum Regierungsbeamten deemools an der Kommissioun gesot krut hunn, datt, wa mer dat gären dran hätten, da kéinte mer jo selwer en Artikel schreiwen. Dodroper ass d'Regierung zwar dunnt zrëckkomm an huet eis och en Text proposéiert, dee mer och dunnt un de Statsrot weiderginn hunn, mee leider war de Statsrot selwer awer dunnt erëm eng Kéier dogéint, an d'Kommissioun huet och net resistéiert, fir déi verschidde Punkten, déi do behandelt gi sinn, fir dorunner festzehalen. Dat wat iwwreg bliwwen ass, elo vum Text, dat ass eigentlech just nach eng Definitiou. Et gëtt kee präzise Kader méi zur Procektion de personnes. An ech mengen, datt dat hei wierklech ee Beräich wär, wou Nachholbedarf besteet.

Den Här Santer hat virdrun eng Motioun déposéiert. Wann ech se richteg verstanen hunn - ech hunn esou schnell gelies -, geet déi haaptsächlech ëm Manifestations publiques, an net ëm dee Beräich vun de Bodygarden. Ech froe mech, ob,

wann een esou eng Motioun erareecht, een dann net awer déi zwee Beräicher misst ofdecken.

Domat sinn ech scho bei dem Punkt vun der Surveillance a vum Contrôle bei öffentliche Manifestatiounen. Och hei hu mer ee Vide juridique. Am Moment gëtt et do guer näischt vun Artikel am bestehende Gesetz, an et ass awer esou, datt do eng ganz grouss Problematik besteet. Well Dir wësst jo allegueren, datt am Moment scho bei Diskothéiken, awer och op öffentliche Veranstaltungen Kontrolle gemaach ginn, datt d'Leit opgefuerdert ginn, hir Poschen opzemaachen, dat eventuell souguer Kierperkontrolle gemaach ginn, ouni datt dat iergendwéi eng gesetzlech Basis hätt.

Dofir sinn ech och net domat averstan, wann den Här Klein zum Beispill virdu gemengt huet, et wär gutt, datt mer op de Wee vum Statsrot gaange sinn, fir do keen Text festzehalen. Den Här Klein huet gemengt, dofir ass d'Polizei do, fir dee Beräich, mee d'Realitéit ass awer eng aner. D'Realitéit ass déi, datt ebe vu Privatleit sou Kontrolle gemaach ginn an datt déi Kontrollen dann eben op kenger gesetzlecher Basis berouen. Ech si ganz domat averstan, datt, wann een en Text mécht, da sech genau muss iwwerleeën, wéi eng Contrainten een do setzt a wéi eng Limiten, datt ee sech zum Beispill d'Fro muss stellen, bei wéi enge Manifestatiounen et kënnen Volontäre sinn, déi do agesat ginn, a wéi enge Fäll et onbedingt muss d'Polizei sinn, dat muss een awer klären. Et get net, datt mer an där Situatioun a bei dem Vide juridique bleiwen, deen am Moment besteet.

Een zweete Punkt, Här President, wou mer awer wierklech mengen, datt et och dramatesch ass, datt ganz wéineg geschitt ass, datt ass dee vun der Formatioun. An do gi mer jo och vun den diverse Gewerkschaften, déi an dem Gebitt aktiv sinn vum Gardiennage, bestätegt. Mer mengen, datt d'Formation misst e Caractère obligatoire kréien, datt se och misst am Règlement kloer definéiert ginn. Et misst zum Beispill e Curriculum festgeluegt ginn. Déi Formatioun dierft sech net nëmmen op Schéisse bezéien. Et missten aner Übungen och dra festgehalen ginn. Ech denken un éischt Hëllef, ech denken un eng gewësse psychologesch Schulung, spezifesch Formatiounen fir Bodyguard an esou virun. Dat heescht, et gëtt eng ganz Rei vu Beräicher, wou ee misst engersäits eng Formatioun, anerersäits och eng Formation continue organiséieren. Et misst och gekläert ginn, wien esou Formatiounen hale kann, an et missten dann och déi Formatiounen, déi vun deene betraffene Leit gemaach ginn, an engem Livret vläicht agedroe ginn.

Zesumme mat der Police missten, eiser Meenung no, Iwwerfall gekuckt ginn, an ausgewäert ginn, wat schief gelaff ass a wéi een an Zukunft sech vläicht Ännerunge kann ausdenken, déi, wa vläicht net ëmmer verhënnere, awer de Risiko reduzéieren, datt nach esou Iwwerfall geschéien. Natierlech stellt sech an dem Kontext och d'Fro vun der Kompetenz, vun der professioneller Kompetenz, der Kompetenz vun de Patronen: Och déi gëtt an dem Projet de loi hei net erwähnt.

Dann ee Punkt, wou mer och eng länger Diskussioun an der Kommissioun haten, datt ass dee vun der Aptitude vun de Leit. Mer wollten ee Moment bei de Grënn fir e Refus fir d'Autorisation d'engager e Certificat froen iwwert d'Aptitude physique et psychique. Do ass du gemengt ginn, et ass awer net néideg, et géif souwiesou ee Certificat médical bei all Beruff gefrot ginn, an dofir bräichte mer dat hei net ze maachen. Ech si weiderhin der Meenung, datt et wichteg gewiescht wär, esou eng Kontroll ze maachen um Niveau vum Astelle vu Leit, well mer jo awer all wëssen, datt grad an dem heite sensible Beräich sech oft Leit mëllen, déi vläicht keen esou en objektiven Émgang mam Gardiennage an eventuell och mam Ausübe vu Waffegewalt hunn, wéi ee sech dat kéint wënschen.

Ee Punkt, deen hei elo och schonn ugeschnidde ginn ass, dee ganz grouss Onzeffriddenheet bei de Gewerkschaften a bei de Patronen och ervirgeruff huet, datt ass dee vun den Obligatiounen, déi jee nom Typ vun der Aktivitéit mussen erfüllt sinn. Ech mengen domatter déi méi technesch

Dispositiounen an awer och d'Problematik vum drëtten Mann, an esou virun. Wou ee feststellt, datt déi Négociatiounen, déi gelaf sinn, sech am Fong net um Niveau vum Projet de loi wierklech niddergeschloen hunn. Ech kommen herno och nach eng Kéier dorobber zrëck.

Et stellt een awer fest, dass dat en engem krasse Widdersproch steet zu engem vun den Objektiver vum Projet an ech wëlt dat zitieren, wat am Exposé des motifs stoung, dat war: "Amélioration de la coopération entre les professionnels des transports de fonds et les forces de l'ordre". Dat war een Aspekt an ech mengen, dass mer dat Zil och net erreecht hunn.

Dir Dammen an Dir Hären, et ass also um Niveau vun der Commission juridique vill geschaff ginn, mir hate vill Entrevuen, mee mir haten net onbedéngt déi Resultater, déi ee sech hätt kéinten erhoffen, außer datt déi Diskussioun eng ganz Rei vu Lacuné sichtbar gemaacht huet. Ech hu virdrun d'Problematik vun den Etablissements publics genannt, et ass och scho vun anere Riedner a Riednerinnen op d'Gesetz vum Port d'armes opmierksam gemaach ginn, et gi sécherlech nach eng ganz Rei aner Beräicher, wou ee gesäit, dass Handlungsbedarf besteet.

Dann ee Punkt, wou mer am Fong guer net an der Commission juridique driwwer geschwat hunn, dat ass dee vun der Commission de sécurité, déi et scho gëtt téschent der Regierung, de Patronen an de Gewerkschaften. Dës Kommissioun gëtt et just informell, et kann ee sech am Fong d'Fro stellen, firwat déi net institutionaliséiert gëtt, a firwat mir als Kommissioun net mat all deenen Acteuren zesummekomm sinn, an Här President, do stellen ech dann erëm fest, datt mer hei e klassesche Fall hu vun enger Virgoensweis wéi se ëmmer erëm hei an der Chamber virkënn.

Mir hunn als Commission juridique haaptsächlech de Regierungsvertreider bei eis gehat, deen eis Ried an Äntwert gestanen huet, mee mir hate keng eng Entrevuë mat de Gewerkschaften oder mat de Patronen. D'Madame Beissel huet virdu vun der Urroll geschwat, ech schwätzen dann elo hei vun der Urroll vun der Chamber an do kann ee sech wierklech d'Fro stellen, wann dat déi ass fir d'Regierung ze kontrolléieren, da mengen ech misste mer wierklech endlech op de Wee goen, fir all d'Acteuren an esou Fäll ze lauschten an net eis nëmmen op d'Ausserung vum der Regierungsvertreider ze baséieren.

Ech denken, datt dat eng Saach vu Chancéglichheet ass, well et dass jo kloer, datt déi grouss Fraktiounen wärscheinlech do méi Moyenen hunn, fir sech mat deenen Acteuren dann op anere Plazen - loosse mer emol soen - zesummenzesetzen, während dat fir déi kleng Fraktiounen méi schwiereng ass. Dofir géif ech et wichteg fannen, datt an der Commission juridique - an ech menge wierklech, datt dat d'Aufgab vun der Chamber ass - déi Débäte solle gefouert ginn. Ech wëll just drop hiweisen, datt et aner Beräicher gëtt, wou mer de Barreau ruffen oder aner Vertreider vu Beruffsstänn, wa Problemer bestinn, fir mat hinnen ze diskutéieren.

**(Interruption)**

Dach, Här Mosar, ech hunn dat Thema eng Kéier opgeworf, an du ware mer ganz schnell erëm eng Kéier fäerdeg. Ech muss soen: Ech froen déi Saachen elo zënter aacht Joren hei bannen. Ech mengen, datt et e wesentleche Punkt um Fonctionnement vun där Chamber hei ass, datt dat misst anescht fonctionnéiere wéi dat am Moment de Fall ass, well soss kënnen mer eis wierklech e bëssen d'Fro stelle firwat mir hei all zesummesetzen.

Här President, dat gesot, wëllt ech nach eng Kéier betonen, datt dat Gesetz hei elo scho reformbedürftig ass an duerfir nach eng Kéier eis Enthaltung zu dem Projet ausdrécken. Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** Den nächsten Diskussionsriedner ass den Här Serge Urbany. Den Här Urbany huet d'Wuert.

**M. Serge Urbany (déi Lénk).-** Dir Dammen an Dir Hären, duerch d'Bankeplaz ass et jo zu engem exponentielle Wuesstum vun deene Sécherheetsfirme komm.

Wéi wéineg de Faktor Aarbecht awer an dem Milieu vun de Banken a vun de Sécherheetsfirmen zielt, hu mir gesi beim Aarbechtskonflikt vun de Beamte vun deene Sécherheetsfirme virun e puer Joer. D'Öffentlechteet war dobäi iwwerrascht ginn iwwert deen niddregen Niveau vun de Léin vun deene Leit, déi all Dag do schaffen, par rapport zur Valeur vun deene Gidder, déi se all Dag transportéieren.

De Rapport vun der Kommissioun schwätzt awer vun deene Leit als dem "maillon le plus faible dans le flux des capitaux", wéi et esou schéin doranner heescht. Datt et sech do ëm Mënschen handelt an ëm deelweis schlecht bezuelte Salariéen, déi all Dag de Kapp mussen duerhalen, dovun geet keng Rieds, grad esou wéineg wéi Rieds geet vun de soziale Konditiounen, déi am Allgemengen herrschen an deem Milieu do.

Privat Sécherheetsfirme bedeiten awer och eng vun den éischte Forme vun der Auslagerung vun de staatleche Kompetenzen, vum staatleche Gewaltmonopol. Ëmmer méi Firme sinn am Asaz bei der Iwwerwaachung vun öffentlechen Institutionen a Gebaier, am Prisong, um Gericht, op de Garen - ech mengen och hei an der Chamber am iwwregen. D'Firmen hunn den Interesse fir hire Marché auszudehnen, fir sech ze rentabiliséieren, an de Stat huet jo d'Bestriewen, fir d'Zuel vun de Beamten anzeschränken.

Dat féiert dann dozou, datt dee Marché, ee vun deene ganz grouss ginn ass, an dass hei de Versuch gemaach gëtt, fir dee méi staark ze regelen par rapport zu engem éischte Gesetz vun 1990. Dat Gesetz hei betrëfft virun allem gewësse Konditiounen, fir de Beruff ze exercéieren. Dat Gesetz gëtt nach ausgedehnt op de Persouneschutz. Am Allgemenge kann ech och feststellen, wéi schonn e puer vu menge Virriedner gesot hunn, datt dat Gesetz awer déi Problemer, déi sech an deem Beräich stellen, nëmme relativ zögerlech trefft.

Et sinn zum Beispill Saachen aus deem Gesetz hei zrëckgezu ginn, well, wéi gesot ginn ass an engem Avis vum Statsrot, d'Privatpropriétéit an d'Verfügung doriwwer géif ze vill staark beinträchtigt ginn. Esou zum Beispill, wat d'Sécherheetsbestëmmunge bei de Cliente vun deene Firmen ugeet, fir ee Sas de sécurité ze hunn, e Problem vun deem hei schonn e puermol Rieds war.

Privat Sécherheetsdénsgchter, innerhalb vun engem Betrib oder bei öffentliche Veranstaltungen, gi vun deem Gesetz hei ausgeklamert. Hei besteet weiderhin eng Grauzon, fir net ze soen e Vide juridique doriwwer, fir ze wësse wat ze kënnen an därer maachen. An deene Froe muss d'Privatsphär am Mittelpunkt stoen, wéi dat jo an enger Motioun hei verlaangt gëtt.

Et ass festgestallt ginn, dass déi staatleche Etablissements publics, déi jo wéi Champignonen aus dem Buedem geschoss sinn, déi lescht Joren, wärscheinlech gréisstendeels net méi ënnert d'Gesetz vun 1988 iwwert d'Sécherheet beim Stat falen, an dass do e Vide juridique besteet.

Wat dat heite Gesetz ugeet ass viles onkloer, zum Beispill, wat d'Modalitéite vum Port d'armes a vun der légitime défense ugin. Déi Modalitéite sollen hei geregelt ginn an engem interne Règlement vun de Sécherheetsfirme selwer, dat eleng vum Minister approuvéiert gëtt an der parlamentarescher Kontroll domat entzu gëtt. Ob do awer dat Gesetz iwwert de Port d'armes vun 1983 duergeet, fir déi Froen hei vun enger praktescher Bedeitung an dem Secteur ze léisen, ass a mengen A méi wéi zweifelhaft.

Et besteet och d'Gefor, datt déi intern Bestëmmunge vun de Sécherheetsfirmen iwwert d'Definitiou vun der légitime défense, déi jo solle vum Minister approuvéiert ginn, eng falsch Sécherheet wäerte ginn an zu automatesche Reflexer kënnen féieren, woubäi et jo awer kloer ass, dass, wat d'légitime défense ugeet, et nach ëmmer de Code pénal ass, deen zielt a vun de Gerichter applizéiert gëtt, wou déi genau

Emstänn gekuckt ginn ënnert deenen déi légitime défense exercéiert ginn ass a wou d'Proportionalitéit vun enger eventueller bewaffneter Riposte ageschat gëtt. De Code pénal kann net ersat ginn duerch en internt Règlement vun enger Firma, an dat ass eng weider Schwächung vun dësem Gesetz.

Et fällt op wéi iwwerflächlech a liichtfankeg de Législateur mat der Legalitéit ëmgeet, wann de Statsrot muss intervenéieren, fir dass de Minister net kann autoriséiert ginn, amplaz vun de Gerichter Amendes ze verhängen, oder wann zum Beispill d'Infractions pénales am Gesetz net definéiert ginn, op déi sech Pénalitéite bezéien. Et fällt och op, dass de Rapport ausdrécklech virgesäit, dass déi privat Sécherheetsfirmen op Personnel intérimaire kënnen zrëckgräifen - dat ass nach net ervirgehewe ginn -, wat a mengen An awer e grouss Risiko ass an esou engem sensibele Beräich, dass do absolut keng Limite virgesinn ass a keng staatlech Kontroll stattfënn iwwert déi Form vun Aarbechtsvertrag an am Allgemengen iwwert d'sozial Konditiounen an deem Secteur.

**(Coups de cloche de la Présidence)**

Dat Gesetz kann aus all deene Grënn eis Zoustëmmung net fannen. Ech wäert dergéint stëmmen.

**M. le Président.-** Den Här Jean-Pierre Klein huet nach eng Kéier d'Wuert gefrot.

**M. Jean-Pierre Klein (LSAP).-** Här President, de Minister huet mer elo grad eng Fro gestallt, bei wat fir enge Punkten een hätt kënnen méi wäit goen.

Ech widderhuelen lech dat nach eng Kéier. Eischstens hätt een emol missten deene professionellen Demandeuren eng minimal Qualifikatioun virschreiwen. Zweetens, wat d'Formation vun den Agenten ubelaangt, elo grad ass erëm enger Kéier ugeklongen hei vun der légitime défense, dat si jo awer bedeitend Notiounen. Dat hätt ee missten an enger Formatioun den Agenten explizéiere kënnen an eng Formation continue hätt misste virgesi ginn.

Dat hei ass awer wierklech e seriösen a geféierleche Beruff fir d'Leit selwer a fir déi aner, duerfir hätt ee méi mussen op déi Formatioun do halen. Dann hunn ech nach gesot, datt d'Gesetzgebung vun der Sécherheet an der Fonction publique net adaptéiert ginn ass. Dat hätt ee bei dëser Geleehent kënnen mat maachen, esou datt een do e Parallelismus vun deenen zwou Gesetzgebunge gehat hätt.

Wann Der mer elo sot, Här Minister, déi puer Punkte géing een nach eng Kéier virgesinn an engem Règlement grand-ducal oder a Règlements grand-ducaux, da muss ech soen, datt déi awer elo net do sinn. Mir wësse jo net wat do dra stoe kënnt. Duerfir hätt Dir déi da solle mat verséieren, dann hätt een déi kënnen mat diskutéieren.

**M. Jeannot Krecké (LSAP).-** Très bien.

**M. le Président.-** D'Wuert huet elo den Här Justizminister Luc Frieden.

**M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech si frou, datt de Mëtteg an der éischter Sitzung vun der neier Session mer deen heite Projet um Ordre du jour hunn, well et ass e Projet, dee mer als Regierung dem Parlament virleeën, deen eis Suerg ëm d'Sécherheet hei am Land ënnestraicht.

Et ass en effikass juristescht Instrument am Kampf géint eng gewëssen Zort vu Kriminalitéit, nämlech déi, déi d'Geldtransporter am besonnenes betrëfft, mee awer och fir d'Reglementatioun vu Beruffer ze verbesseren, déi an deene leschte Joren, an dorobber ass higewise ginn de Mëtteg an där Debatt, méi a méi komm sinn.

Déi Reglementatioun hu mer net dohinner gesat aus dem Näischt eraus, well schlussendlech gouf et zënter 1990 - an dat ass nach net schrecklech laang hier - e Gesetz, mee mer hunn se nach verbessert. Dat ass eng wesentlech Verbesserung par rapport zu deem, wat mer virun 12 Joer gemaach hunn. Ech ginn net nach eng Kéier an den Detail an. Ech soen dem Rapporteur, dem Här Santer, merci fir deen detailléierte Rapport, dee mir et



évitéiert, fir nach eng Kéier mussen op déi Detailer anzegoen. Ech géing just e puer Punkte wëllen ervirsträichen.

Mir hunn hei eng onüblech Prozedur gehat, nämlech datt ech no deene villen Attacken, déi leider geschitt sinn am Joer 2000 op Geldtransporter, weinst der Schnelligkeet vun der Prozedur fir d'éischt e Reglement geholl hunn op Basis vum Gesetz vun 1990, fir eng ganz Rei Saachen am Kontext vun de Geldtransporter ze regelen.

Datt Reglement, wat virschreift wéi notament déi eenzel Camione mussen ausgesinn, wéi deen Auto, dee matfirt, muss équipéiert a besat sinn, hu et seng Friichte gedroen. Et huet och seng Friichte gedroen, well mer als Regierung drop gehalen hu massiv d'Surveillance vun deene Geldtransporter ze erhéijen, an datt et duerfir - ech paken Holz un - zënterhier net méi zou, op d'mannst, engem gréisseren Incident komm ass. Dat heiten ass eng Matière, an do brauch Der nëmmen d'international Zeitungen ze liesen, wou et all Dag leider an Europa, well vill Geld transportéiert gëtt, Attacke ginn. Allerdéngs hunn déi Kriminell gemierkt, datt Lëtzebuerg net déi beschten Adress wär, fir dat ze maachen. Mir hunn d'Friichte geernt vun eisem Asaz. Déi Texter, déi mir geholl hunn an déi mer der Polizei iwwermëttelt hunn, sinn executéiert ginn. Alles datt ass am Intérêt vun der Sécherheet vun de Leit hei am Land geschitt.

Et ass dorobber hin, wou mer dee Gesetzesprojet abruecht hunn, deen haut hei zu enger parlamentarescher Offenung kéint. E Gesetzesprojet, deen eng ganz Rei vun Dispositiounen verbessert, deen, mengen ech, och duerfir en effikas Instrument ass fir dës eenzel Branchë vun der Sécherheet, vun der privater Sécherheet besser ze reglementéieren.

Ech stelle fest, datt déi eenzeg Kriticken, déi gemaach gi sinn, souwuel virun der Dier vun de Frënn vum LCGB - déi ech leider net konnt gesinn an dem Moment, well ech an enger schwieriger Diskussioun um Finanzministerconseil um Kierchbiereg d'Lëtzebuerger Positioun vertrueden hunn -, mee ech hat öfters Gespréicher notament mat der chrëschtlecher Gewerkschaft, déi sech ganz vill fir déi Leit am deem Sektour asetzt. Ech hunn hinne gesot, datt dee Punkt vun der Formatioun, wat fir mech ee ganz wichtige ass, een net soll an e Gesetz schreiwen, mee an e Reglement, well do komme jo Programmer dra stoen, wat ee muss vu Formatioun maachen an ech kommen dach net all Joer mat engem neie Gesetz an d'Chamber, wann ech d'Zuel vun de Stonnen oder d'Fächer, déi do mussen enseignéiert ginn, änneren.

Ech géif souguer mengen, datt fir verschidde Matièren emol net muss e Reglement grand-ducal gemaach ginn, well datt virgeschriwwen gëtt, wat an där Formatioun muss dra sinn. Op eng Formatioun leeën ech Wäert; souwuel d'Formatioun am Ufank, wou déi Leit an dee Beruff kommen, wat ee ganz schwierige Beruff ass, an déi Leit si wierklech net ze beneiden; grad esou wéi an der Formatioun continue, well och eng ganz Rei Saachen, notament d'Waffen, änneren, an da mussen déi Leit erëm drobber trainéiert ginn,

respektiv mussen léieren an üben ze schéissen. Dat ass d'Evidenz selwer.

Aner Saache konnt een net onbedéngt an dëst Gesetz schreiwen. Dat ass de Mëtteg hei diskutéiert ginn. Dat ass déi vun de Sas de sécurité, déi bei de Banke mussen sinn. Ech insistéieren op dee Punkt, well et ass fir mech e wichtige Punkt. Ech hunn dat an der Commission juridique vun der Chamber gesot.

Elo ginn et awer Gebaier, wou dat einfach net méiglech ass. Wann Dir op enger historescher Plaz sidd, wéi zum Beispill d'Maartplaz zu Iechternach, da kënnt Der awer net soen: Do sinn eng Rei Banken, elo mussen déi all virun der Dier op der Maartplaz e Sas de sécurité bauen. Duerfir hu mer da virgesinn, datt ee muss Alternative virgesinn, notament datt do Kamerasurveillance muss sinn, tëschent dem Auto an dem Gebai, datt banne muss en extraen Endroit sinn, deen ofgeséchert ass, fir datt mer net op deene Plazen eng zousätzlech Gefor maachen, mee déi muss mat anere Moyenen asuréiert ginn.

De Gesetzgeber huet virgesinn, datt op deene Plazen, wou d'Police eis géing soen, datt et wierklech net gutt géing fonctionnéieren, do kann ech als Justizminister verbidden, datt iwwerhaapt d'Transporter dohinner gemaach ginn. Do muss een also kucken, wat d'Police eis zu deenen eenzelne Plaze seet, mee ech maachen en Appel selbstverständlech un d'Banken an ech soen hinnen dat regelméisseg, wann ech se gesinn, grad wéi un d'Supermarchéen, datt do, wou vill Geld transportéiert gëtt, an do, wou et méiglech ass, dat si mussen Sas de sécurité maachen.

Datt ass jo am Intérêt vun der Sécherheet vun deene Leit déi d'Sue bréngen, mee och vun deene Leit, déi an deene Banken an an deene Supermarchéen schaffen. Ech stelle fest, datt si dat och esou gesinn, sou datt dat an der Praxis hoffentlech uerdentlech fonctionnéiert.

Wat déi eenzel Konditiounen ubelaangt, déi mer schonn am Reglement stoen hunn, stellen ech fest, datt déi Autoen déi haut dorëmmer zirkuléieren alleguerten de Sécherheetsnormen entsprechen. De Blindage vun deenen Autoe gëtt zu Sandweiler kontrolléiert. Wa mer och am Ufank e bësse Schwierigkeeten hate bis dat alles geklappt huet, mee well mer do streng an determinéiert waren dat duerchezéien, a well mer Drobréiwer un déi Firma geschriwwen hunn, klappt dat haut an ech kann also confirméieren, datt déi Autoen alleguerten dem Reglement entsprechen, op d'mannst all déi, déi d'Police bis elo kontrolléiert huet. Ech hunn d'Police gefrot systematesch Kontrolle vun deenen Autoen ze maachen, déi dorëmmer fueren, fir ze kucken, ob se den Normen entsprechen.

Selbstverständlech ginn et Evolutiounen an dem Domän do an esou wéi ech drop halen, datt dee Blindage elo respektéiert gëtt, muss een ëmmer kucke wéi déi technologesch Evolutiounen sinn an esou wéi et haut intelligent Valisé ginn, déi déi Suen zerstéieren, ginn et elo schonn an e puer Länner - a mer sinn amgaangen dat ze kucken

- Methoden, fir datt déi Autoen nach méi héich Technologie hunn, an datt déi eventuell à la longue kënnen déi blindéiert Camionen ersetzen, mee op eng méi sécher Aart a Weis à la fois fir déi Leit, déi doranner schaffen a fir déi, déi sech als normal Bierger am Emfeld erëm ginn. Duerfir, mengen ech, gëtt dëst Gesetz eis d'Méiglechkeet net fir manner Sécherheet, mee fir méi Sécherheet.

Mir wäerten net op eist Reglement zréckkommen bis mer d'Garantie hunn, datt déi modern, héich Technologie, déi et do a verschiddene Länner anscheinend gëtt, sech erweisen huet. Esou laang wéi dat net de Fall ass kann ech hei d'Garantie ginn, datt mer bei deem Blindage, dee mer am Reglement vum Dezember 2002 virgesinn hunn, bleiwen.

Ech wëll hei confirméieren, datt den Dialog tëschent de Gewerkschaften, dem Patronat an der Regierung an dëse Froen en intensiven Dialog ass. Ech hunn e Groupe de travail agesat, dee regelméisseg iwwert dës Problematik schwätzen, well et sinn d'Acteuren um Terrain, déi eis mussen soen, wat an dësem Beräich leeft, an déi le cas échéant kënnen Propositione kënnen maache fir Ännerungen um technesche Plang an dësem Beräich ze maachen. Dat leeft relativ gutt, och wann een net ëmmer op all Detailpunkt eens ass, mee do ass et eben um Justizminister, fir dat ze tranchéieren.

Et ass en Domän, deen eis stäerksten Attentioun an Zukunft muss bäibehalen. Mir hu bewisen un deem, wat mer an deene leschten zwee Joer gemaach hunn, datt mer dat heite seriö huelen: mir hunn um Terrain gehandelt, mir hunn duerch Reglement gehandelt, mir hunn duerch Gesetz gehandelt de Mëtteg hei.

Déi ganz Panoplie vun Instrumenter bréngt et mat sech, datt mer duerch dëst Gesetz eng besser Réglementatioun vun de privaten Aktivitéite vum Gardiennage, vun der Surveillance a vum Geldtransport hunn. Mir wäerten op deem Wee weidergoen. Mir wäerten net ophalen, wa mer dëst Gesetz hunn, da wäerte mer déi Reglementer maachen a mir wäerten och dee Renforcement vun der Surveillance op deene Plaze maachen, do wou en nou-tweneg ass, och d'Enquêtes an deenen Affären, wou déi schlémm Iwwerfall waren, gi virun. Dat si ganz kompléiert Enquêtes, well se grenziwwerscheidender Natur sinn. Do mussen mer enk mat der Police an de Justize vun den Nopeschlänner zesummeschaffen, wat iwwregens de Fall ass.

Wat d'Motioun ubelaangt, fir dat vläicht nach ze soen, Här President, déi freet, datt ee géing d'Problematik vun den Aktivitéite vun der Protektioun vun den öffentliche Plaze maachen, déi vu verschidde Privatgesellschaften gemaach gëtt, do sinn ech gäre bereet déi Motioun unzehuelen, net ouni awer ze soen, datt dat e ganz schwierige Froëkomplex ass, notament iwwert d'Fro wéi wäit net staatlech Servicer dierfe Persounkontrollen maachen. Ech si prinzipiell der Meinung, datt dat muss de staatleche Servicer virbehale ginn. Ech gesinn awer d'Realitéit, datt wann ee Kontrolle mécht zum Beispill bei engem Fussballmatch oder bei engem Concert, datt een do net al-

les kann duerch staatlech Polizei ofdecken.

Ech wëll just hei soen: Ech si bereet déi Motioun unzehuelen, ech si bereet esou e Projet de loi ze schreiwen, ech wëll just, datt Der e bësse Gedold hutt, well dëse Froëkomplex ass e ganz kompléierten, well do, wou ee staatlech Pouvoiren aus guddem Grond ofgëtt oder delegéiert, muss ee ganz gutt wësse wat ee mécht. Ech sinn a priori retizent an duerfir iwwerleeën ech mer a wéi eng Richtung een do ka goen.

Am Résumé, wéi gesot, Här President, ech si frou wann dëst Gesetz de Mëtteg gestëmmt gëtt, well et eng besser Reglementatioun a méi Sécherheet an engem wichtige Beräich op der Finanzplaz, wéi iwwerhaapt am Land mat sech bréngt. Ech soen Iech merci.

**Des voix.** - Très bien.

**M. le Président.** - D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4784 a stëmmen driwwer of.

**Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)**

D'Artikelen 1 bis 34 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo of iwwert dee virleiende Gesetzesprojet.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi derfir sinn, stëmme mat Jo. Déi dergéint sinn, stëmme mat Neen oder enthalen sech.

De Projet de loi ass ugehall mat 40 Jo-Stëmmen, enger Nee-Stëmm an 19 Abstentiounen.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Ady Jung);*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Gusty Graas), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Ripinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*A voté non: M. Serge Urbany.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Marc Zanussi), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*M. Aly Jaerling;*

*MM. François Bausch (par M. Camille Gira), Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass esou décidéiert.

**Motion 1**

Dir Dammen an Dir Hären, dann hu mer elo nach eng Motioun virleien. Den Här Patrick Santer huet déi abruecht. Si ass explizéiert ginn. Mir kënnte vläicht direkt driwwer ofstëmmen.

Den Här Jeannot Krecké freet d'Wuert.

**M. Jeannot Krecké (LSAP).** - Ech hu just eng Fro: Ass et net méiglech, datt een dee leschte Considérant géif ewechloossen? Déi Referenz un d'Loi belge hëlleft eis net ganz vill. De Rescht kënnt een esou huele wéi et do ass.

**M. Patrick Santer (CSV), rapporteur.** - Jo, ech sinn domat averstan.

**Motion 1 modifiée**

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que les organisateurs de manifestations publiques, notamment dans le domaine sportif ou culturel, recourent régulièrement à des entreprises privées de gardiennage et de surveillance pour assurer la surveillance et la protection des personnes dans le cadre du maintien de la sécurité;*

*- considérant que la législation luxembourgeoise actuellement applicable ne régit pas spécifiquement cette activité assurée par des entreprises privées;*

*- considérant que le silence de loi peut s'avérer problématique en termes de sécurité juridique et de protection des libertés individuelles dont notamment le droit au respect de la vie privée;*

*- considérant que dans le cadre des travaux portant sur le projet de loi n°4784 relative aux activités privées de gardiennage et de surveillance, la Commission juridique a reconnu la nécessité d'une réglementation de l'activité précitée;*

*invite le Gouvernement*

*- à élaborer un projet de loi visant à réglementer l'activité de surveillance et de protection des personnes, exercée par des entreprises privées, dans le cadre du maintien de la sécurité dans les lieux accessibles au public.*

**M. le Président.** - Da stëmme mer elo par main levée of.

**Vote**

Wie fir d'Motioun ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dogéint?

Wien enthält sech?

Mat zwou Enthalungen ass déi virleidend Motioun ugehall.

Dir Dammen an Dir Hären, domadder wäre mer um Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzung ass mar de Mëtteg. Si fänkt um halwer dräi un.

D'Sitzung ass opgehewen.

**(Fin de la séance publique à 17.41 heures)**



Chambre  
des Députés  
L U X E M B O U R G

Chamber TV

och an der Rediffusioun all Sëtzungsdag vun 19:00 Auer un